

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

M. Fernand Etgen, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

2. 8195 – Projet de loi portant modification

1^o de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;

2^o de la loi modifiée du 12 mai 2022 instaurant une compensation financière permettant la réduction temporaire du prix de vente de certains produits pétroliers

Den éischte Punkt um Ordre du jour vun de Mëtten ass de Projet de loi 8195, eng Ofännerung vun der Akommessteier an d'Afëiere vun enger finanzieller Kompensatioun, déi de Verkaufspräis vu bestëmmte Pétrolsproduite soll reduzéieren. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgluecht. An d'Wuert kritt elo direkt de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission spéciale « Tripartite »

M. Gilles Baum (DP), rapporteur | Merci fir d'Wuert, Här President. A merci och alle Kolleegen, déi schonn heibanne sinn. Mat dësem Projet de loi setze mer weider Mesüeren ëm, déi am Kader vun der drëtter Tripartitt dëst Joer tëscht der Regierung, de Gewerkschafte CGFP, LCGB an OBG-L an och de Patronatsvertreider vun der UEL ënnerschriwwen goufen. Et war dëst Joer, den Accord vum 3. Mäerz.

D'Regierung an d'Sozialpartner hu sech op e ganze Pak u Mesüeren, de Solidaritéitspak 3.0, géeneegt, fir den Inflatiounsschock am Joer 2024 ofzufiedereen an de Stéit an och de Betriber weider ënnert d'Äerm ze gräifen. Ënnert dës Mesüre sinn och Mesüeren am Steierberäich, nämlech d'Ofännerung vum Gesetz vum 4. Dezember 1967 iwwert den Impôt sur le revenu, méi genau den Titre 1^{er} iwwert d'Akommessteier vun de physesche Persounen.

Verschidde Mesüre gräifen ab dem 1. Januar 2024. Et geet do ëm déi lineär Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun an Héicht vun 2,5 Indexranchen, also genau 6,376 %, souwéi engem weidere Crédit d'impôt fir Independanten, Salaréien a Pensionnaires, fir d'Taxe carbone, d'CO₂-Steier, ofzufiedereen.

Aner Mesüre gräifen awer réckwierkend op den 1. Januar vun dësem Joer. Do handelt et sech ëm de Crédit d'impôt conjoncture, deen awer och just fir d'Joer 2023 gëllt, an awer och eng Upassung vum Steierfräibetrag vu Leit, déi hir Wunneng oder hir Wunnengen engem Organismus zur Verfügung stellen, deen an der Location sociale schafft, aktiv ass. De Crédit d'impôt gëtt ausgerechent geméiss enger Upassung vun zwou Indexranchen, also 5,063 %; dëst, fir der Upassung vum 1. Januar 2024 virzepräifen, well eng Upassung vun der Steiertabell am Steierjoer selwer net méiglech ass.

D'Erhéijung vum Steierfräibetrag op Wunnengen, déi an d'Location sociale ginn, vu 50 op 75 % wäert eiser Meenung no weider Leit motivéieren, hir Wunneng oder hir Wunnengen zur Verfügung ze stellen, an erhéicht esou d'Zuel vu Wunnengen, vun abordabele Wunnenge fir Leit mat engem méi klengen Akommes.

Bei dësem Gesetz gëtt et och e Règlement grand-ducal fir d'Erhéijung vum Plaffong vun de Schuldzësen vu 2.000 op 3.000 Euro pro Persoun op der Wunneng vun

Propriétaire. Dat heescht, op der éischter Wunneng, op der Hauptwunneng, ass dat virgesinn.

Wat d'Erhéijung vum Seuil vun 10 op 30 kWp ugeet, wat d'Exploitatioun vu Fotovoltaikanlage betrëfft, op där ee Sue verdéngt, déi also och ze versteiere sinn, gëtt dat iwwer Voie circulaire vum Direkter vun der Steierverwaltung gereegelt.

Niewent de Steiermesüre ginn och nach Mesüeren aus dem Solidaritéitspak 2.0 verlängert bis den 31. Dezember 2024, fir d'Inflatioun ofzebremse. Et handelt sech hei ëm d'Subventioun fir de Masutt, deen doheem gebraucht gëtt fir ze hëtzen, an awer och de Gaz de pétrole liquéfié, de Propangas, deen an de Privatstéit gebraucht gëtt.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, hei hëlt de Staat nach eng Kéier ganz vill Suen an de Grapp. An erlaabt mer dofir, nach méi an den Detail vun deene verschidde Mesüeren ze goen an Iech awer och e puer Beispiller ze nennen, wat dat do am Portmonni vun de Leit ausmécht.

D'Upassung vun der Steiertabell ëm zwou an eng hallef Indexranchen op den 1. Januar 2024, wat eng Entlaaschtung vu 6,376 % ausmécht, schléit d'nächst Joer mat 300 Milliounen zu Buch. De Crédit d'impôt conjoncture, wat den Equivalent ass vun zwou Indexranchen, mécht dëst Joer ronn 255 Milliounen aus.

E puer konkret Beispiller, wéi Der se kënnt um Site vum Finanzministère ermënnen, wollt ech Iech hei elo zum Beschte ginn.

Eng Famill mat zwee Kanner, Steierklass 2: De Papp verdéngt 5.500 Euro brutto, d'Mamm verdéngt der 4.000 brutto. Si hunn e Prêt um Haus. Si kënnen also véiermol 3.000 Euro ofsetzen an net, wéi bis elo, véiermol 2.000 Euro. Dëst Joer bezuelen déi Leit, bezilt dee Stot, 2.460 Euro Steiere manner an d'nächst Joer sinn et der 2.580.

Eng Famill mat engem Kand, wou ee vun de Partner schaffe geet; loosse mer soen, en hätt 100.000 Euro brutto an der Steierklass 2. D'Famill huet och e Prêt um Haus. Si kënnen also dräimol 3.000 Euro ofsetzen. Dat sinn 9.000 Euro an net, wéi bis elo, 6.000 Euro. Dëst Joer bezuele se 1.590 Euro Steiere manner an d'nächst Joer sinn et 2.025 Euro Steiere manner.

Eng Famill mat engem Kand – a mir huelen elo e Beispill, wou kee Prêt op engem Haus ass –, och an der Steierklass 2: Kommt, mir soen, de Papp verdéngt 3.750 Euro brutto an d'Mamm verdéngt der 3.000 brutto. Dëst Joer bezuele se 620 Euro Steiere manner, d'nächst Joer 645.

E Jonggesell an der Steierklass 1 mat engem Brutto vu 5.000 Euro de Mount: Dëst Joer ass et eng Entlaaschtung vu 525 Euro an d'nächst Joer 705.

E Jonggesell, ouni Kanner, Steierklass 1 natierlech, mat 3.000 Euro brutto: Dëst Joer ass et eng Entlaaschtung vun 245 Euro an d'nächst Joer 285.

An der Steierklass 1a, eng Persoun mat engem Kand à charge; kommt, mir huelen e Beispill vu 50.000 Euro brutto: Fir 2023 ass et eng steierlech Entlaaschtung vu 450 Euro an d'nächst Joer 755.

An e lescht Beispill, fir den Tablo ze komplettéieren: Eng Koppel Pensionnaires an der Steierklass 2 mat enger Rent vu 70.000 Euro brutto d'Joer, do ass et dëst Joer eng Entlaaschtung vu 525 Euro an d'nächst Joer 555.

Wéi gesot, déi Beispiller do kënnt Der nosiche goen, déi stinn um Internetsite vum Finanzministère.

Dir gesitt, mat dës Mesüeren, déi geholl gi sinn an der Tripartitt Nummer 3, am Solidaritéitspak 3.0, kënnt d'Politick net nëmmen enger Rei Fuerderunge

vun de Gewerkschaften no, mee si kënnen och enger Rei Fuerderungen no vun de Parteien, déi heibanne setzen an déi no enger partieller Upassung vum Barème un d'Inflatioun gefrot hunn. Wéi gesot, ech widerhuelen: Et sinn d'nächst Joer 2,5 Indexranchen, un déi de Steierbarème ugepasst gëtt. Dat si 6,376 % an dat ass eng Entlaaschtung vu ronn 300 Milliounen.

Erlaabt mer awer och ofschléissend, op déi aner Mesüeren anzegoen an och déi Mesüeren ze chiffréieren. D'Erhéijung vum Steierfräibetrag fir déi Leit, déi hir Wunneng un eng Instanz ginn, déi am soziale Wunnengsbau tätég ass: De Steierfräibetrag geet jo vu 50 op 75 Milliounen (veuillez lire: vu 50 op 75 %) erop an den Déchet fiscal fir de Staat beleeft sech hei op 5 Milliounen. D'Subventioun um Masutt fir ze heizen, dat heescht déi 15 Cent pro Liter, dat schléit mat 33 Milliounen Euro zu Buch. An d'Subventioun um Propangas fir Haiser, déi 20 Cent pro Kilo, dat beleeft sech nach eng Kéier op 2 Milliounen. D'Erhéijung vum Crédit d'impôt, fir d'CO₂-Steier ofzufiedereen, d'Erhéijung vu 50 %, dat heescht vu 96 Euro op 144 Euro, dat wäert de Staat 20 Milliounen Euro kaschten.

Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn elo probéiert, Iech esou e komplett Bild wéi méiglech ze ginn, esou vill Informatiounen wéi méiglech, an all aner Informatiounen, déi fannt Der natierlech am schréffleche Rapport. Merci wollt ech Iech soen, haaptsächlech de Kolleegen Deputéierten aus der Tripartitt-Kommissioun. Mir hunn nach e puer Gesetzer, déi ënnerwee sinn. Mir sinn nach net färdig, mee ech wollt Iech Merci soe fir déi flott a fair Aart a Weis, wéi mer hei kënnen zesummeschaffen am Interêt vun alle Leit hei am Land an am Interêt vum Land natierlech och. Merci villmools.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Rapporteur Gilles Baum.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Gilles Roth ageschriwwen. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Gilles Roth (CSV) | Merci, Här President. Madamm Ministesch, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d'éischt awer, dem President vun der Finanzkommissioun an dem Rapporteur vun der Tripartitt-Kommissioun, dem Gilles Baum, villmools Merci ze soe fir säi schréfflechen a mündlechen Bericht. An ech wëll him virun allem Merci soen, dass an esou engem sensibelen Domän wéi dës Ersetzung vun den Tripartitt-Mesüeren de Gilles Baum eng ganz objektiv Approche huet, wou d'Oppositioun dann och hir Awänn an hir Bemierkunge ka maachen. An dofir wëll ech dem Gilles Baum villmools Merci soen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi dësen Tripartitt-Accord virgestallt gouf ugangs Mäerz, do hate mer eng Debatt hei an der Chamber. Ech hunn dann dierfen am Numm vun eiser Fraktioun soen, dass mir géifen deen Tripartitt-Accord ënnerstëtzen. Firwat? Mee well mir zum Lëtzebuerger Sozialmodell stinn a well mer och zu den Tripartitt-Moossname stinn. An dat maache mir och als Oppositiounspartei e puer Méint virun de Walen.

Mir hunn awer gradesou daitlech gesot gehat, dass mer, och wa mer den Accord vu Senningen géife gutt-heeschen, natierlech géife kucken, keng Kaz am Sak ze kafen a wéi déi eenzel Moossnamen, déi ënnert de Sozialpartner ofgemaach waren, och géifen herno an de Gesetzestexter hiren Néierschlag fannen.

Mir fannen och richteg, dass een d'Leit hei steierlech – zumindest zum Deel – entlaascht, a mir droen dat och ausdrécklech mat, well mer der Meenung sinn, dass déi Steiererlicherungen an déi richteg Richtung ginn, well grad elo de groussen Deel vun de Leit, a

besonnenesch d'Mëttelschicht, muss steierlech entlaascht ginn, fir eebe méi Kafkraaft ze kréien. Dat ass eppes, wat mer net eréischt haut, mee wat mer scho viru méi wéi zwee Joer ëmmer nees erëm gefuerdert hunn.

Ech muss ganz éierlech soen: Dat, wat mer e bësse bedauern, dat ass, dass déi Tripartitt-Moosnamen, besonnenesch dat, wat d'Steiererlicherungen ubelaangt, eigentlech zustane komm sinn, loosse mer soen, engersäits duerch den Drock vun de Gewerkschaften, anerersäits awer och – an dat schreiw mer eis dann e bëssen zou – duerch den Drock vun der CSV an och vun där enger oder anerer Majoritéitspartei. Ech wëll dat ausdrécklech soen: Et waren och d'Sozialisten, déi ëmmer gesot hunn – zu Recht! –, dass ee misst déi breet Mëttelschicht entlaaschten, virun allem opgrond vun der Präisdeierecht, awer virun allem och opgrond, an ech kommen herno nach dodrober zréck, vun där Zëns-explosioun, déi natierlech bei héijen Immobiliekreditter bei ville Stéit hiren décken Néierschlag féint.

Ech muss eigentlech soen, quitte dass mer et begrëssen, mee dass awer eng gewëss Kehrtwende bei der Regierung komm ass, wéi deen Tripartitt-Accord ugangs Mäerz zustan komm ass. Well ech ka mech nach ganz gutt erënneren, am Juli d'lescht Joer, dunn hu mer och an engem Rapport, wou den André Bauler an ech selwer d'Chance haten, Rapporten ze sinn, iwwer Steiermoosnamen hei diskutéiert. Dat war eng objektiv Debatt. Jiddwereen huet seng Propositionen duergeluecht. An ech weess awer och, dass eis du gesot gouf, notament aus dem Mond vun der Finanzministesch, dass linear Upassung vum der Steiertabell net sozial selektiv wäeren.

Mir hunn dat deemools net akzeptéiert, well mer nämlech der Meinung sinn, dass eise Barème awer eng gewëss sozial Selektivitéit huet. Firwat? Mee well breet Schëllere méi droen an een, wat ee méi verdéngt, natierlech séier op héije marginale Steiersätz ass.

Ech muss och soen, d'Finanzministesch, déi huet nach, wéi se hei hire Budget presentéiert huet, gesot: „Fir Steiererlicherungen ass kee Sputt, well dat ass finanzpoliteschen Harakiri.“ Si huet souguer 14 Deeg, ier den Accord tripartite zustane komm ass, gesot, et wier irresponsabel – Madamm, dat hutt Dir gesot –, fir elo Steiererlicherungen ze maachen.

An dunn op eemol huet se gesot: „Mee mir hunn awer elo Sputt.“ An de Sputt, Dir Dammen an Dir Hären, dat war net, dass op eemol d'Staatsinnamen explodéiert waren. De Sputt war deemools net, dass si allengueren déi Konsumausgaben an déi Investitionsausgabe vum Staat ënner Kontroll haten. Mee de Sputt war deen: „Mir hunn elo manner Defizit.“

Ech soen Iech ganz éierlech: Fir eis gesäit Previsibilitéit awer e bëssen aneschtens aus. Well wann ee sechs Wochen, nodeem iwwer e Budget ofgestëmmt ginn ass, seet, engersäits: „Mir si bei finanzpoliteschem Harakiri, et ass irresponsabel“, a sechs Wochen duerno seet een: „Elo hu mer den néidege Sputt“, da muss ech soen, mat allem Respekt, Madamm Ministesch – an ech hu grouse Respekt vis-à-vis vun Iech, mat Äre ganze Beamten a Kohorte vu Steuerbeamten –, dass een op sechs Woche muss awer e bësse méi Previsibilitéit an der Aschätzung vun den ëffentleche Finanzen – dat si souwuel d'Recetté wéi och d'Depensen – hunn.

Den zweete Punkt ass deen, dass natierlech d'Leit elo steierlech entlaascht ginn, jo. Mee et muss een awer anerersäits och soen, dass zënter 2017, wéi déi lescht grouss Steierreform war, bis 2023 ganzer aacht Index-tranchen erfale wäerte sinn. Bis um Enn vum Joer wäerte ganzer aacht Index-tranchen erfale sinn, déi bis haut – bis haut! – net steierlech berücksichtegt sinn. Dat

ass eng Steiererhéijung! Wann een net d'Steiertabell un d'Inflatioun upasst, Dir Dammen an Dir Hären, dann ass dat eng Steiererhéijung. Ob een dat schéierede wëll oder net, dat ass ganz einfach esou! An d'Leit spieren et besonnenesch elo an hirem Portmonni. An déi aacht Index-tranchen, déi hunn och dem Staat noweislech iwwer 2 Milliarden Euro méi Steieren erabruucht. Dat heescht, d'Leit hunn 2 Milliarden Euro virfinanzéiert a si kréien elo op d'Joer 2023 iwwert de Wee vun de Steierkreditter zweemol 120 Milliounen, sprich 240 Milliounen, dovun zréck, also eppes méi wéi en Zéngtel.

Richtig ass och, dass elo ... Dat ass och vläicht elektorale Windowdressing, well normalerweise, wann een d'Steiertabell adaptéiert, da mécht een dat an engem Budget fir dat Joer duerno. Bon, Dir decidéiert dat elo als Koalitioun, fir dat dëst Joer ze maachen. Nächste Joer soll och nach eng Kéier eng linear Adaptatioun vun der Steiertabell ëm 2,5 Tranché kommen – droe mir selbstverständlech mat. Fakt ass awer, dass d'Leit entlaascht ginn, jo, mee se gi manner entlaascht wéi dat, wat se kritt hätten, wann ëmmer der Steierinflatioun oder Inflatioun um Niveau vun der Steiertabell Rechnung gedroe gi wär. Dat heescht, ënnert dem Stréch hunn d'Leit dat, wat se elo zréckkréien, scho largement virfinanzéiert.

A mir sinn der Meinung, dass déi Politique d'attente, bis dass den Drock komm ass, besonnenesch a Krisen-zäiten eng falsch Approche ass, well a Krisen-zäiten, wou d'Leit net nëmme mat enger Präisdeierecht konfrontéiert sinn, mee wou d'Leit och nach mat steigenden Immobiliekreditter konfrontéiert sinn, fanne mir dat eng falsch Approche. Grad da muss een de Leit méi Kafkraaft ginn!

Ech wëll drun erënneren, dass an enger CSV/LSAP-Koalitioun ab dem Joer 2009 och ënner verschiddene Kritike gesot gouf – deemools war dat den Ausgang vun der Finanzkrisis –: „Mir ginn de Leit elo méi Kafkraaft an herno sollt dat da recuperéiert ginn.“

Fakt ass, dass, wann een de Leit net emol kann an Inflatiounsausgläich vun der Steiertabell ginn, dat e strukturelle Problem ass. An net méi spéit wéi virgëscht – e Méindeg war et – huet de Conseil national des finances publiques dat och ënnerstrach. Also, et kann een elo de Leit ziele vu Covid, et kann een de Leit ziele vun Tripartitt-Moosnamen, mee den CNFP, also de Conseil national des finances publiques – an net, wéi ech eng Kéier gesot hat, den CNFPC, dat ass de Centre de formation professionnelle continue –, deen huet ganz kloer gesot: Et ass e strukturelle Problem, well onofhängeg vun deenen Ennerstëtzungsmoosnamen sinn einfach d'Dependance vum Staat méi séier gewues wéi d'Recetten iwwert déi lescht Joren!

Ech kommen dann zu den Avice vun den eenzelne Berufs-kammern. Déi ginn och, muss ech soen, exzellent op déi eenzel Steiermoosnamen ganz am Detail an a si ënnernolen dat och mat Rechebeispiller.

D'Salariatskummer, déi seet d'itlech par rapport zu dem Steierkredit, dee sech applizéiert fir d'Joer 2023, dass d'Leit eigentlech do manner kréie wéi dat, wat se kritt hätten, wann am Dezember – woufir mir plädéiert haten –, zumindest an Etappen, eng Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun normal geschitt wier. Firwat? Well nämlech hei d'Leit zwar e Steierkredit kréie fir d'Akomessteier, mee si kréie keen zum Beispill fir d'Solidaritätssteier.

An d'Salariatskummer gött och ee Beispill, an ech kommen herno op déi Rechebeispiller zréck, déi de Rapporteur virginn huet. Nämlech seet d'Salariatskummer: Wann ëmmer der Inflatioun Rechnung gedroe gi wier zënter 2017 bis elo, dann hätt eng Persoun an der Steuer-klass 1 – an dat ass awer substanzéiell – mat engem Akomes vu 5.000 Euro brutto – ech widderhuelen:

brutto! – haut 140 Euro netto méi de Mount, sprich 1.680 Euro netto méi an der Pai. Mat dem Steierkredit, sou wéi Dir en elo applizéiert, huet déi selwecht Persoun net 140 Euro netto, mee ronn 50 Euro netto de Mount méi. A wann ech dat op e Joer rechnen, dann huet déi nach ëmmer e Verloscht vu méi wéi 1.000 Euro netto, wéi wann et eng Gesamtinflatiousberengung vun der Steiertabell wier.

An da kommen ech zu deem, wat de Rapporteur elo gesot huet. En huet eng Rei vu Rechebeispiller ginn. Faktesch ass dat net ze widderleeën, ech wëll dat ganz kloer soen. Ech wëll awer och soen, Här Baum: De Gros vun deene Steiererlicherungen, déi Dir genannt hutt a wou Der dann iwwer 1.000 Euro kommt, mat wat hunn déi ze dinn? Ma déi hu ganz einfach dermat ze dinn, dass de Plaffong fir d'Ofsetze vun de Scholdzënsen op den Immobiliekreditter bei engem Eegenheim ëm 50 % an d'Luucht geet. A mat deene Rechebeispiller an deene Paien oder Revenuen, déi Dir a Verglach gesat hutt, soen ech Iech, dass eng ganz Rei vu Leit mat zwee Kanner iwwerhaupt net op déi Plaffongen do kommen.

Well den Här Kaes, deen ëmmer mat zwee Féiss um Buedem als Norddeputéierte steet, deen huet gesot: „Majo, e seet awer net, wéi vill d'Leit méi un Zënsen musse bezuelen.“ Well kuckt emol, een, deen en Appartement ... Elo schwätzt Dir vun 1 Millioun, mee ech weess awer, ronderëm d'Stad hutt Dir awer net vill Appartementer, déi manner wéi 1 Millioun kaschten, obwuel d'Präisser vläicht liicht erofginn. Wann een awer elo, fir et ronn ze maachen, e Kredit vun 1 Millioun huet, an dat ass bei jonke Leit, déi sinn oft am Ufank vun dem Kredit, dat heescht, si mussen nach op déi voll Zomm rembourséieren, dann hat deen, fir et do och ronn ze maachen, virun engem Joer nach 20.000 Euro Zënsen se bezuelen. Deen huet elo 50.000 Euro – also 30.000 Euro méi Zënsen – ze bezuelen.

Dofir, mat allem Respekt fir déi Rechebeispiller, déi Der gitt, ech mengen, et d'ärf een d'Realitéit och net verkennen! Dat, wat d'Leit iwwer d'Steiertabell reng kréien, ass bei dem Spätzverdänger maximum 54 Euro netto de Mount.

Déi zweet Moosnam, dat sinn déi 75 Euro (veuillez lire: déi 75 %) steierfräi beim Loyer, wann ech mäin Appartement oder meng Wunneng un d'Gestion sociale locative verginn, dat heescht, wann ech eigentlech enger Institutioun dat ginn, déi herno déi Wunneng weitervermit oder Leit drasetzt, déi manner bemëttelt sinn. Mir fannen dat eng gutt Moosnam, mir ënnerstëtzen dat ausdrécklech. A mir haten eis kuerzgeschloss an der Fraktioun, mir sinn der Meinung, well mer dat hei eng gutt Moosnam fannen, dass een dat och sollt ausdeenen, wann eng Persoun hir Wunneng, en Appartement oder en Haus, géif un eng Gemeng verlounen.

Ech explizéiere mech: Dir wësst, dass d'Gemenge gehale sinn am Kontext vum Pacte Logement 2.0, sou vill Sozialwunnengen ze maachen. Ech hunn och gelies, queesch duerch d'Parteien – also, ech wëll do net d'Sozialisten ... Keen huet de Monopol vun der Sozialpolitik, weeder d'CSV nach d'DP nach déi gréng, mee iwwerall an de Gemenge gesäit een, dass awer en Effort – an d'Madamm Closener gött zu Mamer Logementsschäffen –, dass do e Wille besteet ...

Plusieurs voix | O!

M. Gilles Roth (CSV) | Hunn ech Iech elo eppes ver-roden?

(Interruptions et hilarité)

Ënner anerem, ënner anerem.

(Brouhaha)

M. Sven Clement (Piraten) | Här Roth, wouhier wësst Dir dat dann elo schonn?

M. Gilles Roth (CSV) | Ech wollt dann awer soen ... Nee, ganz seriö, Dir wësst ganz genee, mat SNHBM a mat Fonds du Logement, mat allen Efforten a gutt gemengten Efforten, déi se maachen, sief dat Elmen, Wältgebond, Wunne mat der Wooltz oder zu Diddeleng, dass déi et net fäerdegbréngen, déi néideg Wunnengen ze schafen, déi et brauch, fir eebe Leit, déi sech dat net kënne leeschten, en Daach iwwer dem Kapp ze assuréieren. Also mussen d'Gemengen asprangen.

Ech soen Iech dat awer gradesou riichteraus, dass ganz vill Gemengen, vläicht mat Ausnam vun der Stad Lëtzebuerg, och nach eventuell – ech soen: nëmmen eventuell! – d'Stad Esch, net déi néideg Ressourcen hunn, souwuel finanzméisseg wéi och virun allem den techneschen Knowhow, fir do iwwer Joren zeg Wunnengen a Wunnengen ze bauen, a virun allem kuerzfristeg ze bauen, mat de Liwwerenkpäss, déi mer nach ëmmer hunn, mat dem Manque de Main-d'oeuvre, déi een op dem Bau huet.

An dofir géif ech proposéieren, dass een och déi Moosnam do op déi Gemengen ausweit, wann eng Gemeng zum Beispill seet: „Ma ech loune bei Iech eng Wunneng, ech loune bei Iech en Appartement, ech loune bei Iech en Haus, an ech setzen do Leit, déi de Krittäre vun dem Logement social entsprechen.“

Also, ech muss Iech ganz éierlech soen: Dee Loyer, deen d'Gemeng da bezilt, a wann deejéinege Proprietär 75 % Exemption huet, dat stéiert eis net. Firwat? Mee dann huet emol zumindest déi Gemeng eng weider Sozialwunneng a si huet se virun allem kuerzfristeg. An ech erlabe mer, ech weess, dass Dir dat als Majoritéitsparteien net gär héiert – „on ne gouverne pas par des motions“ –, mee ech erlabe mer trotzdem, Här President, Iech dann eng Motioun an deem Sënn ze iwwerreechen, an ech wier frou, wann déi trotz alle parteipoliteschen Obstacle géif hir Zoustëmmung fannen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

– *rappelant le paquet de mesures de l'accord du Comité de coordination tripartite du 7 mars 2023 ;*

– *constatant que cet accord prévoit une augmentation de l'exonération fiscale des loyers perçus de logements mis à disposition de la gestion locative sociale,*

invite le Gouvernement

– *à étendre cette exonération fiscale des revenus locatifs nets également au cas où des logements appartenant à des propriétaires privés sont directement loués à des communes sans devoir passer par des organismes conventionnés exerçant la gestion locative sociale.*

(s.) Gilles Roth, Félix Eischen, Aly Kaes, Georges Mischo, Marc Spautz.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Roth.

M. Gilles Roth (CSV) | An dann drëtts, Här President, Dir Damm an Dir Hären: Mir begrëissen och selbstverständlech, ech hunn dat elo incidemment gesot, d'Upassung vum Plaffong vun der Ofsetzung vun de Scholdzënsen op dem Eegenheim. Dir hat proposéiert, dat op 50 % an d'Luucht ze setzen. Mir hunn – d'Madamm Margue, den Här Lies an ech selwer – eng Proposition de loi deposéiert, mengen ech, am Februar, also virun der Tripartitt, wou mer proposéiert haten, dee Plaffong einfach ze verduebelen. Mir sinn och der Meenung, wann d'Zënsen zu 2 %, loosse mer soen, als Duerchschnitt, op 5 % an

d'Luucht ginn, dass een deem och zumindest steuerlech misst Rechnung droen, mee selbstverständlech leet mer elo net nach eng drop. Mir hunn eis Proposition de loi deposéiert, Dir hutt Är gemaach. Ech soen Iech ganz éierlech: Dat kascht 45 Milliounen Euro; wann och an deem Sënn 20 Milliounen vun der Staatskeess dropgeluecht gi wären, dat wär och nach keen Drama fir den Equiliber vum Budget oder Netequilibrium vum Budget gewiescht.

Dat gesot, Dir Damm an Dir Hären, kommen ech zum Schluss. Mir begrëissen dese Gesetzesprojet, well e fir Entlaaschtungen, déi mir besonnesch fir d'Mittelschicht als CSV mëttel- a laangfristeg gefuerdert hunn ..., dass déi zu engem Deel, zu engem geréngen Deel, erfëllt ginn. Ech widderhuelen awer nach eng Kéier: Aacht Indextranché sinn zënterhier erfall. Mat deem Gesetz gëtt dës Joer der zwou Rechnung gedroen. Dat geet an eisen Aen net duer. Firwat? Well et wichteg ass, an ech schlëssen domadder, dass e Land wéi Lëtzebuerg mat enger oppener Ekonomie a virun allem enger internationaler Communautéit, wat eng Chance ass, muss op d'Cohésion sociale pochen.

Mir hunn net wéi aner Länner lauter ganz aarm Leit a lauter ganz räich Leit, mee et dierf een awer net vergëssen, dass ee vu fënnf mëttlerweile zu Lëtzebuerg ënnert dem Aarmutrisiko leeft, dass eng Persoun vu sechs – an et ass dat, wat dramatesch ass –, déi schafft, déi géint Loun a Gehalt schaffe geet, ënnert dem Seuil de pauvreté leeft. An dofir si mir der Meenung, dass ee muss verstärkt un d'Mittelschicht denken, dass ee muss verstärkt déi Leit steuerlech an och anerwärts ënnerstëtzen, déi et besonnesch an dese Krisenzäiten dréngend néideg hunn.

Mir sinn der Meenung, dass dee Schrëtt mat deem Gesetzesprojet nach net erfëllt gëtt, mee et ass e Schrëtt an déi richteg Richtung. An dofir stëmme mir als CSV-Fraktioun deem Gesetzesprojet zou. Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Roth. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

M. Yves Cruchten (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, mir befannen haut iwwert e wichteg Gesetz, iwwert e ganz gutt Gesetz. Wichteg ass dës Gesetz, well et d'Kafkraaft vun de Stéit wäert stäerken. A gutt ass dës Gesetz, well et resultéiert eigentlech aus engem intakte Sozialdialog, deen eis sozial Kohäsion ofsécher.

An éischer Linn kënnt mat deem Gesetz ganz séier méi Kafkraaft bei de schaffende Leit un. Mir féieren, wat schonn am Detail vum Rapport Gilles Baum explizéiert ginn ass, e Konjunktursteierkredit an, deen eng Adaptatioun un d'Inflatioun ëm zwou Indextranché vum Steuerbarème mécht.

Ech hunn och schonn am Mäerz hei op dem Riednerpult gesot, dass dese Steuerkredit fir d'LSAP kee Wal-kaddo ass. Mir gesinn als LSAP, wat eis Staatsrecetten ubelaangt, virun allem an de leschten dräi Joer eng ganz staark Tendenz, dass d'Personnes physiques, d'Privatpersounen, ëmmer méi egroussen Undeelmuse bäidroen zum generelle Steuerakkommes. Op der Säit vun den direkte Steieren ass d'Lounsteuer eleng am previsibelen Kont 2022 op de Budget 2023 ëm 16 % an d'Luucht gaangen. An absoluten Zuelen ass et eng Progressioun vun 830 Milliounen Euro laut dem leschte Budgetdokument. Dass dës Tendenz net einfach esou konnt weidergoen, dat ass scho méi laang d'Iwwerzeegung och vun der LSAP, an et ass ënner anerem och de Beméiung vum der LSAP ze

verdanken, dass déi geplangt Entlaaschtung vun de schaffende Leit och zustane ka kommen.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Yves Cruchten (LSAP) | Well mer eng eenzeg grouss Steuerreform an deser Legislatur net konnte maachen, hat ech bei de Budgetdebatten nach emol ënnerstrach, dass mir als LSAP bereet sinn, dës an Etappen ze maachen, soubal déi ëffentlech Finanzen dat hierginn. A mir hate gefuerdert, dass eng Upassung misst kommen, wann déi ëffentlech Finanzen et géifen erlaben.

Mir hu mam Budget eng Partie Steuermossnamen ugeholl an d'Madamm Finanzminister hat eis hei zougesot, wa sech d'Méiglechkeet fir eng Steuerentlaaschtung am Laf vum Joer ergëtt, dass d'Regierung déi dann och géif maachen. An ech muss soen: Hei-madder hält d'Regierung hiert Wuert!

Wéi och d'Chambre des Salariés an hirem Avis richtegerweis feststellt, wiest de Steuerkredit haaptsächlech bis zu engem Joresakomme vu 60.000 Euro brutto. Duerno wiest e méi lues weider a kënnt op e Plaffong bei engem Joresakomme vun 179.000 Euro. Et ass also probéiert ginn, nawell eng lichte Komponent vu sozialer Selektivitéit eranzekréien. Aus eiser Siicht ass dat net verkéiert, well mir eis musse bewosst sinn, dass eis Budgetsmëttele awer net onbegrenzt sinn an et Akommeskategorie gëtt, déi manner op Steuererlichterungen ugewise si wéi anerer.

D'Chambre des Salariés weist och richtegerweis dorober hin, dass d'Steierklass 1a déi ass, déi par rapport zu enger regulärer Upassung vum Steuerbarème mam Konjunktursteierkredit fir all Akommeskategorie licht manner gutt ewechkënn. Fairerweis muss een heizou soen, dass d'Instrument vum Steuerkredit a senger Logik an a senger Funktionsweis eppes komplett aneres ass wéi eise Steuersystem mat deene verschiddene Steuerklassen.

Nach ass et esou, dass mir beim Konjunktursteierkredit ganz, ganz no un d'Adaptatioun vum Barème ëm zwou Indextranchen erukommen an dass souwuel an der Steuerklass 1 wéi och an der Steuerklass 2 d'Leit mat niddrege Gehälter allkéiers esouguer e besse besser ewechkomme mam Konjunktursteierkredit, wéi wa mer eng Adaptatioun vum Barème gemaach hätten.

Da sief awer och dorun erënnert, dass mir net méi spët wéi beim leschte Budget am Dezember eng konsequent Revalorisatioun vum Crédit d'impôt monoparental fäerdegbruecht hunn. Als LSAP si mir der Meenung, dass mer de Crédit d'impôt monoparental all Legislaturperiod eng Kéier missten op de Leescht huelen a gegebenefalls och revaloriséiere sollten.

Laangfristeg gesi wäerte mir awer nëmmen eng definitiv Léisung fir déi dote Froe fannen, wa mir mat der néideger Rou kënnen dee berüümt-berüchtete Barème unique aféieren. Dese eenzege Barème soll derzou féieren, dass d'Steierlaascht vun de Biergerinnen a Bierger net méi ännert, just well de Persounestand ännert. Am 21. Joerhonnert brauch et en neutrale Steuersystem par rapport zum Liewen an zur Liewensplanung vun de Biergerinnen a Bierger.

Une voix | Très bien!

M. Yves Cruchten (LSAP) | Ech erënnere drun, dass mir als LSAP zejoert eng konkret Propos fir e Barème unique op den Dësch geluecht hunn. Do ass bestëmmt nach genuch dorunner ze feilen, mee dës Propos huet awer de Meritt ze existéieren a si bitt eng Grondlag dozou, fir endlech vun deem theoreetesche Gepoters doriwwer hin zu enger konkreter Diskussioun ze kommen.

Une voix | Très bien!

M. Yves Cruchten (LSAP) | Mam Gesetz kënnt da fir d'nächst Joer eng richteg Adaptatioun vum Steuerbarème un d'Inflatioun an Héicht vun 2,5 Indextranchen. An dës Adaptatioun bedeit 300 Milliounen Euro méi Kafkraaft fir d'Stéit hei am Land! Ech sinn iwwerzeugt, dass et déi richteg Decisioun ass, dës Adaptatioun ze maachen, an zwar grad elo!

Wéi ech d'éinescht scho gesot hunn, ass d'LSAP net eréischt zanter gëschter der Meenung, dass déi sougenannt kal Progressioun duerch d'Netadaptatioun vum Barème iwwer eng länger Zäit politesch zu enger Erosioun vum sozialen Zesummenhalt féiere kann, an dat zumools, wann déi schaffend Leit op eemol den Androck kréien, dass si d'Mëllechkou sinn. Eng komplett Adaptatioun vum Barème ëm sämtlech Indextranchen, déi zanter der leschter Steuerreform komm sinn, kann awer net d'Äntwert vun der Politik sinn. Op alle Fall ka se net d'Äntwert si vun all deene politesche Parteien, déi méi sozial Gerechtegkeet hei am Land wëllen.

Une voix | Très bien!

M. Yves Cruchten (LSAP) | An d'Chambre des Salariés – wann ech och net mat allem averstane sinn – seet awer an hirem Avis zum Deel genee dat. Ech liesen et eng Kéier vir: „Par ailleurs, il convient de garder à l'esprit l'urgence de plus en plus accrue d'une réforme d'ampleur de la fiscalité des personnes physiques afin de pouvoir notamment : défiscaliser le salaire social minimum ; aplatiser le « Middelstandsböckel » ; imposer davantage les très hauts revenus ; rééquilibrer la charge fiscale entre revenus du travail et du capital, mais aussi entre personnes physiques et personnes morales.“

D'LSAP ass och der Meenung, dass een sech et net dierf ze vill einfach maachen, andeem ee bei enger Adaptatioun vum Barème un d'Inflatioun stoe bleift. En e bësse méi groussen intellektuellen Effort, e bësse méi Kreativitéit, vläicht och e bësse méi Fangerspéizegell fir eng gerecht Verdeelung vum Rächtum, dat si mir de Biergerinnen a Bierger hei am Land awer schëlleg!

Virun allem kënnt bei enger integraler Adaptatioun vum Barème, déi de Lëtzebuerger Staat bal 1 Milliard Euro kaschte géif, just Gegrimmels bei deene Stéit un, déi eng steierlech Entlaaschtung am meeschte brauchen, awer et kéim vill bei deenen un, déi dës Entlaaschtung net esou dréngend géife brauchen. Dofir ass déi Adaptatioun ëm 2,5 Indextranchen e gudder Kompromëss, deen eis an der nächster Legislaturperiod nach e bësse Sputt wäert loossen, egal, wien dann um Rudder ass, fir aner Piste vu steierlecher Entlaaschtung ze sichen.

Une voix | Très bien!

M. Yves Cruchten (LSAP) | An dësem Gesetzestext ass awer nach eng weider wichteg Ännerung um Niveau vun de Steieren. Ech schwätze vun der Aart a Weis, wéi mer d'CO₂-Steier sozial offiederer. 2021, bei der Aféierung vun der CO₂-Steier, hu mir de reguläre Steierkredit vum de Salariéen, den Independanten an de Pensionnairen ëm bis zu 96 Euro d'Joer revaloriséiert. Mir hunn an der Konsequenz vum Statec attestéiert kritt, dass mir mat dëser Revalorisatioun deenen ënneschte 40 % vun de Stéit hei am Land an der Moyenne d'CO₂-Steier eigentlech integral kompenséieren.

Mir begrëssen als LSAP natierlech, dass mir d'nächst Joer e separaten CO₂-Steierkredit aféieren. Esou gétt déi sozial Kompensatioun vun der CO₂-Steier méi transparent, méi visibel a besser novollzéierbar fir d'Biergerinnen an d'Bierger. Bei engem Bruttoakomes vu 40.000 Euro kritt deen eenzelne Bierger dann

och d'nächst Joer 48 Euro méi mam separaten CO₂-Steierkredit, wéi dat nach dëst Joer de Fall ass.

Fir d'LSAP steet fest, dass mir an eise Beméiunge géint de Klimawandel net dierfen noloossen. Fir eis als LSAP ass et awer och gradesou kloer, dass mer de finanziell méi vulnerabele Stéit mussen hëllefen, wann déi Joerhonnertaufgab vun der ekologescher Transitioun eis soll geléngen. D'LSAP hält drop, dass d'Hallschent vun de Recetten aus der CO₂-Steier musse geholl ginn, fir sozial Begleetmoossnamen ze finanzéieren. A fir de fréiere Finanzminister Pierre Gramegna aus senger Budgetsried vun 2020 ze zitieren: „Et geet bei der CO₂-Steier net drëms, eng nei Recette ze schafen.“

Un dëser Astellung huet sech fir eis absolutt näischt geännert. Wann d'Recetten aus der CO₂-Steier eropginn, da kënne mir eis Investissementer an déi ekologesch Transitioun engersäits an an eis Sozialpolitik anerersäits weider ausbauen.

Une voix | Très bien!

M. Yves Cruchten (LSAP) | Mir sinn als LSAP am Fong der Meenung, dass ee systematesch bei all Erhéijung vun der CO₂-Steier och parallel den CO₂-Steierkredit no uewe misst upassen. Och hei si mir en ligne mat den Aussoen, déi am Avis vun der Chambre des Salariés stinn.

Mam Gesetzestext wäerte mir d'Revenuen um Loyer, déi am Kader vun enger Gestion locative sociale entstinn, zu 75 % steierfräi maachen. Dës Mesür wäert eis Logementekris ganz sécher net léisen, mee se ass awer e wichtige Gest, fir d'Gestion locative sociale méi attraktiv ze maachen. Well dës Propriétaire jo net den nammlechte Loyer bezuelt kréien, wéi se eventuell um fräie Maart kéinten erakréien, mécht dës punktuell Mesür definitiv Sënn.

Ech hunn elo schonn zéng Minutte geschwat an ech hunn am Fong lauter Steiermoossnamen ernimmt a se aus eiser Perspektiv belicht. Dëst ass just e Constat, dee sech eigentlech un all déi Leit riicht, déi dëser Majoritéit virgeheien, si hätt um steierleche Plang déi lescht fénnef Joer näischt gemaach. An ech wëll elo kee groussen an exhaustiven Historique maachen, mee vun A wéi „Amortissement accéléré“, iwwer C wéi „CO₂-Steier“, iwwer R wéi „Régime des impatriés“, bis T wéi „Taux de TVA réduit“ ass awer an deene leschte Joren esou munches geschitt, an ech hat virdrun nach aner Beispiller genannt.

Et huet een et vläicht manner virun Aen, well all dës Mesüeren eeben net an engem grousser Coup komm sinn, mee iwwert déi ganz Legislaturperiod verdeelt ëmgesat goufen, meeschtens am Kader vum Budgetgesetz. Dat ännert awer näischt drun um Fait, dass d'Mesüre geholl gi sinn an dass si hiren Effekt hatten a konnten a kënnen entfalen.

Mir hu méi wéi eng Kéier de Steierkredit als Instrument genotzt, fir Adaptatiounen ze maachen. An ech sinn der Meenung, dass dëst Instrument, wat mer jo och elo erëm haut nutzen, sech iwwert déi lescht Jore bewäert huet. De Steierkredit huet eis et erméiglecht, e ganz gudder Kompromëss ze fannen tëscht Rapiditéit op där enger Säit an awer och Selektivitéit op där anerer Säit.

Et ginn niewebäi mat dësem Gesetzestext och nach Subventiounen vum Masutt respektiv dem flëssege Propangas ëm e weidert Joer verlängert, wat och eng wichteg Mesür ass, soubal et dobaussen erëm méi kal wäert ginn. Verlängerunge vu besteende Moossname si politesch keng Sensatioun, däers sinn ech mer komplett bewusst, mee hir Verlängerung iwwert dëst Joer bleift awer fir vill Stéit hei am Land ganz wichteg.

Natierlech huet dëse Gesetzestext och e finanziellen Impakt, deen net ze negléieren ass: 255 Milliounen Euro dëst Joer fir de Konjunktursteierkredit, 300 Milliounen Euro d'nächst Joer fir d'Adaptatioun un d'Inflatioun vum Barème ëm 2,5 Indextranchen, 45 Milliounen Euro fir den erhéichte Plaffong beim Ofschreiw vum den Zënse vun engem Prêt um eegene Logement, 20 Milliounen Euro manner Recetté wéinst dem CO₂-Steierkredit oder 35 Milliounen Euro fir déi staatlech Subventioun vum Masutt a Propangas sinn natierlech zesummegeholl eng schéi Staang Geld.

Och d'LSAP ass sech bewusst, dass een all Frang ëmmer nëmmen eemol kann ausginn. Dofir ass et ëmsou méi wichteg, dass een all Frang och nëmme fir Ziler bereitstellt, déi fir d'Gesellschaft als Ganzes e Sënn erginn. Dat ass mat dësem Gesetz definitiv de Fall. Mir ginn de Stéit déi néideg Kafkraaft, an dëst a schwierigen Zäiten, wou een den indirekten Effekt vun héijen Energiepräisser op sämtlech Wueren esou richteg ze spiere kritt. Mir droe mat dësem Gesetz zum Erhalt vum soziale Friden hei am Land bäi a mir suergen derfir, dass déi ekologesch Transitioun och déi néideg Akzeptanz bei de Leit fënn, déi se onbedéngt brauch, well déi ekologesch Transitioun muss e kollektiven Effort sinn.

Natierlech gétt et Organisatiounen, déi traditionell ganz virsichteg, jo, ech géif souguer soen, vläicht extreem virsichteg sinn. Am Oktober zejoert huet den deemolege President vun der Chambre de Commerce, den Här Luc Frieden, op der Antenn vun RTL gesot, de Lëtzebuerger Staat kéint sech keng Upassung vum Steuerbarème un d'Inflatioun leeschten.

(Interruption)

Sou wéi ech dat matkritt hunn, ass dem Luc Frieden seng Meenung dozou, fir de Moment op alle Fall, schonn erëm eng aner, an hie verlaangt elo Steiererliichterunge fir jiddwereen.

(Interruptions et brouhaha)

Esou séier, wéi verschidde Leit hir Meenung änneren, ännert sech déi finanziell Situatioun vum Lëtzebuerger Staat natierlech net. Mee a Krisenzäite muss ee Rou behalen an et muss een eng kontrazyklesch Finanzpolitik bedreiwen, a genee dat huet dës Majoritéit gemaach – d'ailleurs och, wéi ech soen, déi Majoritéit virdrun: keng oniwierluechte Schnellschëss, mee mat Rou a mat Seriö Moossnamen ausschaffen, déi wierken.

Et ass net vun näischt komm, dass Lëtzebuerg schonn um Enn vum zweeten Trimester 2021 erëm seng Wirtschaftskraft vu virun der Pandemie ëm 3 % iwwerschratt hat, an dat an engem Moment, wou de Rescht vun der Eurozon awer nach 3 % ënnert dem Niveau vu virun der Pandemie louch. Wann een iwwerall de Routstéft usetze géif, da bräicht ee sech och herno net ze wonneren, wa kee Kraut méi iergendwou géif wuessen. Mee mat der LSAP an der Verantwortung maache mir esou Feeler net!

Här President, mir hunn déi lescht Jore sozial, ekonomesch, politesch a sécher och emotional ustrengend Zäiten erlieft, mir alleguer. Ech wëll net soen, dass mir ëmmer alles richteg gemaach hunn, mee wa mir ronderëm eis kucken, mengen ech, kënnen ze behaapten, dass mir villes besser gemaach hu wéi aner. Dat doten ass awer net eleng der Regierung hire Verdéngscht, mee och de Biergerinnen a Bierger hiren eegene Meritt. A Krisenzäite kënnt et dorobber un, dass mir eis alleguerten als e Pëselstéck vun engem Ganzen, als eng Gemeinschaft verstinn. Dat war, ass a bleift eng Stärkt vun de Lëtzebuergerinnen a Lëtzebuerger!

Mir sinn zesummegeréckelt a mir si solidaresch. Mir hunn als klengt Land kee wirklech groussen Afloss

op dat, wat an der Ukrain oder op anere Plazen an der Welt geschitt. Mee mir hunn Afloss dorop, wéi mir hei am Land mat de Konsequenzen dovunner ëmginn. Ech wënsche mir – wéi Dir sécher alleguerten heibannen –, dass och erëm eng Kéier méi roueg Zäite kommen. Bis dohinner loosse mir awer an eisem Effort net no a reagieren dann, wann et néideg ass.

Meng Fraktioun stëmmt dëst Gesetz mat grousser Iwwerzeegung mat. Ech soen dem Rapporteur Gilles Baum e grouse Merci fir säi Rapport an Iech Merci fir d'Nolauscheren.

Plusieurs voix | Très bien! Ganz gutt!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools dem Här Yves Cruchten. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Josée Lorsché.

Mme Josée Lorsché (déi gréng) | Elo kritt Der awer direkt e Kompliment, Här Cruchten! Ech ka villes ënnerschreien, wat Dir hei gesot hutt, a meng Ried wäert och ganz genee an déi selwecht Richtung goen.

(Interruption)

Dir wäert Iech wonneren ...

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nom Of-schloss vum drëtten Tripartittaccord innerhalb vum engem eenzege Joer soen ech Follgendes op dëser Plaz: Den Tripartittaccord ass dee richtige Kompromiss zu engem Moment, wou d'Onsécherheet weiderhin héich ass. Munchmol huet een d'Gefill, dass d'Onsécherheet awer nach net jiddwerengem bewosst ass oder war. Op alle Fall si mer nach ëmmer an enger Kris, an dat musse mer eis ëmmer virun Aen halen!

Haut, wou mer weider Mesure-pharë vum deem Accord, dem Solidaritéitspak 3.0, ëmsetzen, ginn ech a mengen Aussoen nach e Stéck méi wäit. Ech woen ze behaapten, dass d'Moosnamen aus dem Accord mëttlerweil fir vill Sécherheet gesuergt hunn zu Lëtzebuerg, well se gutt iwwerluecht waren, a si wäerten de Biergerinnen a Bierger fir déi nächst Méint a Joren nach eng zousätzlech Sécherheet bidden; eng zousätzlech Sécherheet, well mer op der enger Säit d'Präisdeierrecht weiderhi bremsen an op der anerer Säit wichtige Moosnamen ëmsetzen, fir déi grouss Krise geziilt unzegoen, déi mer kennen – Stéchwuert Klima, Energie a Logement, wou eleng am Logement mat eleng 360 Milliounen am Fonds spécial fir 2023 e Riseneffort gemaach gëtt. Ech erënneren drun: 2017 stoung dee Montant bei just 40 Milliounen. Et kann een also net behaapten, dass do net genuch investéiert gëtt. Natierlech baut een en Haus net vum engem Dag op deem anerem.

Wat de positiven Effet vum den Tripartittmoosnamen op d'Präisdeierrecht betrëfft, sou wéilt ech un eng Äntwert vum Energieminister Claude Turmes op eng rezent parlamentaresch Fro vum Mars Di Bartolomeo erënneren. Dora weist de Minister unhand vun Zuelen op, also faktebaséiert, dass déi sëlleg Moosnamen derzou gefouert hunn, dass Lëtzebuerg, am Verglach zu den Nopeschlänner, dat Land ass, wou d'Stroum- an d'Gaspräisser am niddregste sinn. Bezilt en duerchschnëttleche Menage an der Belsch am Moment iwwer 1.600 Euro fir säi Stroumverbrauch am Joer, sou ass et zu Lëtzebuerg manner wéi d'Hallschent, an zwar 788 Euro, ëmmer op der selwechter Moyenne berechent, op där vun 3.500 kWh am Joer. A während e Stot an Däitschland, Frankräich, an der Belsch duerchschnëttlech iwwer 2.000 Euro am Joer fir säi Gasverbrauch muss ausginn, sinn et zu Lëtzebuerg bis zu 700 Euro manner. Hei gi mer aus vun enger Moyenne vu 17.000 kWh am Joer, oder 1.545 m³; dat ass also vergläichbar.

Wëssend, dass d'Liewenskäschten zu Lëtzebuerg aussergewöhnlech héich sinn, zum Deel och méi héich wéi an anere Länner, kann een dës Situatioun trotz

allem net schéirieden. Et muss een awer unerkennen, dass d'Efforten um Niveau vun de Gas- a Stroumpräisser sech gelount hunn. Déi genannten Zuele weisen awer och, dass déi decidéiert Moosnamen – an eben notament d'Stroum- an d'Gaspräisbremse, déi mat de Gesetzter vum Claude Turmes dann déi reng legal Basis kritt huet – wierken, an dofir si mer op der richteger Schinn. An d'Zuele weisen och, dass eis Regierung, anescht wéi d'Regierung vum anere Länner, eis Populatioun virun der Inflatoun, der Präisdeierrecht, beschützt huet.

Ech kommen zu verschiddene Moosnamen. E Wuert zu der Upassung vum Steierbarème un d'Inflatoun an zum Steierkredit als zentral Elementer vum der Diskussioun: Mat der partieller Upassung vum Steierbarème un d'Inflatoun ab dem Januar 2024 an dem Steierkredit „Conjoncture“ fir dëst Joer gi mer mat deemem Projet de loi nach e Schratt méi wäit wéi virdru – wéi an deene leschte Gesetzestexter och –, andeems mer d'Leit zousätzlech nach emol steierlech entlaaschten. Dës Approche ass eiser Meenung no sënnavoll a richtig a si besteet net aus enger integraler Upassung. Mir hunn déi och net gefrot a mir si frou, dass mer se och net realisieren.

Bei enger integraler Upassung géife proportional gesinn nämlech virun allem Stéit mat ganz héijem Revenu nach méi wäit vum der Moosnam profitieren wéi déi niddereg a mëttel Revenuen; dat kann a Krisenzäiten net d'Zil sinn. D'Zil muss et sinn, déi sozial Selektivitéit net aus den Aen ze verliesen a virun allem net elo. An dat ass och e gudder Grond, firwat mer d'Energieprimm verlängert hunn a en CO₂-Steierkredit aféieren, vum deem den Yves Cruchten elo och geschwat huet. D'CO₂-Steier muss op där anerer Säit sozial ausgeglaach ginn.

Doriwwer eraus stellt sech dann awer nach déi méi fundamental Fro, ob eng integral Upassung vum der Steiertabell un d'Inflatoun finanziell iwwerhaupt ëmsetzbar wier, ouni d'Staatsfinanze laangfristeg a Gefor ze bréngen. Dat ganz sécher net, wa mer bei der Staatsschuld um maximalen Taux vun 30 % vum PIB festhalen wëllen, ouni op wichteg Zukunftsinvestissementer ze verzichten. Op déi ze verzichten, dat maache mir ganz sécher net, soulaang wéi mer eppes ze soen hunn, well se si ganz einfach onëmgänglech!

Den zweete Punkt, den zousätzlech Steierkredit, den CO₂-Steierkredit, dee jo enk mat der Klimapolitik verbonden ass, wéilt ech dann och nach kuerz kommentieren, dass ass jo elo en eegestännegen CO₂-Steierkredit. Heimat schafe mer en adequat Instrument, fir d'Erhéijung vum CO₂-Präis sozial ofzefiedere, wéi ech virdru scho gesot hunn. D'Hausse vum Steierkredit geet Joer fir Joer mat der Hausse vum CO₂-Präis Hand an Hand a wäert Stéit mat niddregem a mëttlerem Akommes finanziell entlaaschten – also grad dat, wat eist Zil ass: eng cibléiert Politik. Dat entsprécht dem Grondprinzip awer och, dass d'Energietransitioun nëmme gelénge kann, wa se sozial gerecht gestalt gëtt.

Ech kommen zum Logement, wou mer mat deemem Projet de loi en zousätzlech steierlechen Avantage fir d'Gestion locative sociale schafe vu 50 % op 75 %. Mat deemem Projet de loi gi jo d'Revenue vum der Locatioun, vum der GLS, an Zukunft nach manner besteiert wéi an der Vergaangenheet, ech hunn et gesot. Dat ass en zousätzlechen Incentive, fir dass d'Proprietären hir Wunneng iwwer eng konventionéiert Agence zu bezuelbare Präisser verlounen. Dësen Avantage ass an deem Sënn gerechtfäerteg, dass de Locatiouns-revenu bei enger GLS vum Ufank u méi niddreg ass. A grad an engem Moment, wou d'Loyere klammen, ass dës Moosnam, déi schonn an der grousser Steierdebat proposéiert ginn ass vun eis, ganz sënnavoll.

Dir Dammen an Dir Hären, an dëser Debatt wéilt ech awer och kuerz den Ausbléck maachen op d'Steierreform, déi nieft de kuerzfristeg Moosname méi laangfristeg ausgerichtet muss ginn. Jo, mam Tripartitt-Accord setze mer richtig a wichteg Moosnamen ëm, och wat déi partiell Upassung vum der Steiertabell ugeet. Et ass awer och kloer, dass déi Upassung net de Schlusstréich vum der Steierreform ka bedeiten, déi weiderhin aussteet. D'Grënn, firwat mer se net ëmgesat hunn an dëser Legislatur, si bekannt, an et ass vill driwwer diskutéiert ginn. Déi nächst Regierung kënn awer net derlaanscht a muss se zur absoluter Prioritéit maachen.

An deem Kontext kann ee sech et natierlech einfach maachen a schonn haut verspriechen, et géng een d'Steiere generell fir jiddwereen erfesetzen. Dat kléngt jo wierkelech villversprechend. Een, deem dat awer wëlls huet, muss och erklären, wéi eng global Steierreduktioun iwwerhaupt finanziert soll ginn. Déi Rechnung geet just op, wann ee gläichzäitig d'Ausgabe kierzt, an dorënner leiden dann un éischter Stell grad déi Investitiounen, déi mer am néidegste brauchen: Investitiounen an de Logement, an d'Energietransitioun, an déi sozial Sécherheet, an d'Gesondheet, an d'Mobilitéit.

Als Gréng, Dir Dammen an Dir Hären, si mir der Meenung, dass déi Investitiounen onbedéngt oprechterhale musse bleiwen, sou wéi ech et virdru scho gesot hunn, well se d'Zukunft vum Land a senge Biergerinnen a Bierger ofséchere. A mir sinn och der Meenung, dass de Staat och weiderhi responsabel muss sinn, fir d'Entreprisë beim Ëmstieg op erneierbar Energie finanziell ze ënnerstëtzen, och no der Kris, an donieft muss en e solidaresche Gesondheits- a Sozialsystem weiderhin ofséchere kënnen. Dat alles gëtt et net zum Nulltariff. Ouni der Steierreform wëlle virzepräifen, wéi ech aus all deene Grënn schonn haut betounen, dass et bei där Reform net därer Drëms goen, d'Recett vum Staat duerch oncibléiert Steiererlichterunge massiv ze schrumpfen, well d'Allgemengheet ass déi, déi d'Affer dovun gëtt!

De Staat muss och an den nächste Joren an d'Allgemengwuel an an d'Zukunft vum eisem Land investieren a brauch dofir déi néideg Mëttelen. Et ass kloer, dass mer eng Reform brauchen, mee mir brauchen eng Reform, déi zu méi Gerechtegkeet am Steiersystem féiert, wat och d'Besteuerung vum Kapital versus der Aarbecht ugeet. De Räichtum muss méi gerecht verdeelt ginn a mir brauchen eng Reform, déi d'Investitiounen an d'Klimaneutralitéit massiv begënschtet an de Schutz vum eisem Planéit héichhält. Mir brauchen eng Reform, déi aus ondifferenzierte Steiererlichterunge besteet, well déi Sue feelen dann op wichtige Plazen.

Dat gesot, ginn ech den Accord zu deemem Gesetz, och wann ech e bëssen ausgeholl hunn. Mee ech mengen, kuerz viru Schluss vum der Legislatur war dat mer awer nach eng Kéier wichtig ze ënnersträichen.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Madamm Lorsché.

Mme Josée Lorsché (déi gréng) | E grouse Merci dem Rapporteur fir säi gudden Rapport.

Mme Djuna Bernard (déi gréng) | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Madamm Lorsché. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo, villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wéi ech de Mëtten hei um 14.00 Auer erakomm sinn, hätt ech net geduecht, dass mer elo Walkampf hei maachen

a Walkampfrieden halen. An notamment no der Interventioun, ...

(Interruption)

... no der Interventioun vun eisem sozialistesche Kolleeg, ...

(Coups de cloche de la présidence)

... muss ech feststellen, datt mer anscheinend awer hei elo op engem Walkampnomëtteg sinn. An do muss ech awer eise sozialistesche Frënn soen, datt si awer anscheinend eng Perceptioun vun de Realitéiten hei am Land hunn, déi awer wäit, wäit ewech ass vun deem, wat all déi aner hei am Land soen. Déi aner, wann Dir de Leit nolauschert, de Chef-d'entreprises zum Beispill, déi verléieren d'Vertrauen an dat, wat hei am Land u Politick gemaach gëtt, wat an eiser Politick gemaach gëtt!

De Chômage huet eng Tendenz no uewen, d'Staatschuld explodéiert, den Defizit geet an d'Luucht, d'Inflation sous-jacente, déi geet an d'Luucht, d'Bürokratie explodéiert. Eis Betriber leiden ënnert deem Goldplating, wa mer do d'Direktiven iwwersetzen; elo bei de Lanceurs d'alerte a bei de Liwwerkette sinn do Saache geplangt. Dat ass eigentlech den Zoustand, wou mer sinn. De Pensiounsfont gëtt dru gehënnert, a produktiv Secteuren ze investéieren.

(Interruption)

D'Investissementer ginn erof, mir hu kee groussen Industrie-projet hei an de leschte Joren am Land kënnen ulackelen; just e puer Stéchwierder. An den Triple-A, dee gëtt a Gefor bruecht, well eeben hei eng ganz Rei Parteie soen: „Et ass jo net esou schlëmm, wa mer iwwert déi 30 % Verschuldung vum Bruttoinlandsprodukt ewechginn.“

A souguer d'CSV, souguer d'Kolleege vun der CSV, hunn ech elo weini gelies, hu schonn eng schwammeg Formulierung, wou se soen, 30 %, dat wären ëm déi 30 %, bis d'Schold missten do agegrenzt ginn. Mir soen als ADR: „Et bleift ënner 30 %“ – Här Kersch, Dir braucht déi Fro net ze stellen –, ënner 30 % ass eis Attitüd. Dat ass d'Realitéit vum Land: Mir liewen an enger ekonomescher ganz, ganz wackeleger Situatioun a mat Ärer Politick, déi hei d'Regierungscoalitioun mécht, gëtt et kee Fatz besser. Dir bréngt dat Land hei ekonomesch a Gefor! A mir hunn et schonn dacks gesot: D'ADR hätt gär eng Regierung vun der ekonomescher Vernunft. An dozou sti mir op jidde Fall zur Verfügung. Ech weess, dat gefällt Iech net, mee dat ass esou!

An dann hu mer och hei Saachen héieren, och vun eise sozialistesche Kollegen, wéi zum Beispill: „Jo, d'Steier däerf net vum Persounenstand ofhängeg sinn, mir brauchen de Barème unique“, an esou weider, „d'Steierreform“. Jo, dat ass Är Iwwerzeugung, ech respektéieren déi. Mee loosse mer de Leit dach soen, wat dat heescht: Dir wëllt d'Famill steierlech ofschafen. D'Famill ass eppes, wat Iech offensichtlech stéiert. Dat ass eng Kärzell vun der Gesellschaft, ...

(Interruption)

... eng Plaz, wou eng Famill eng Autonomie géintwärt dem Staat muss hunn. Mir protegéieren d'Famill, mir privilegiéieren d'Famill, och steierlech, a mir schafen d'Famill net of duerch eng soi-disant Gläicheit vum Persounenstand, déi eigentlech dach nëmmen dat viséiert, eppes, wat Iech stéiert, e Gesellschaftsmodell, deem Dir net méi wëllt, ofzeschaffen. A wa mir ...

M. Fernand Etgen, Président | Här Kartheiser, erlaabt Dir, datt den Här Kersch Iech eng Fro stellt?

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo, wann ech fäerdeg sinn. Wann ech fäerdeg sinn, Här President, well ech

sinn elo grad esou schéin amgaang, ech wëll mer do net ...

(Exclamations)

Dir wëllt dann ...

(Interruptions)

Da wëll ech awer och ...

(Interruptions)

Jo. Nee, ech wëll dat net vergiessen, Här Baum. Elo kommen ech zu Iech, ech wollt Iech Merci soen.

(Exclamations)

Dir hutt dat esou schéi presentéiert an dofir stëmme mer dat och mat, well Dir eng wonnerbar Presentatioun gemaach hutt a well mir och um Sozialdialog hanken. Mir hu vun Ufank u gesot, datt mir déi Moossname vun der Tripartitt wäerte matdroen. Et ass en Zeeche vu sozialer Verantwortung hei am Land, souwuel vum Patronat wéi vun de Gewerkschaften, eng wonnerbar Saach, dee Lëtzeburger Modell, deem eis elo och besonnesch a Krisenzäite vill hëlleft, e Garant vum soziale Fridden. Mir droen dëst selbstverständlech mat.

Awer mir musse wëssen, dass mer u sech eng Verlagerung hei am Land vun der Inflation vum private Konsument op de Staat maachen. Et ass dat, wat mer maachen. An dat maache mer och zesummen. Ech mengen, et muss een et just en connaissance de cause esou soen, wéi et ass: Mir kënnen eis dat och net éiweg leeschten, well mer eebe mussen oppassen op eisen Triple-A am Interessi vun eiser Economie. Dat heescht, mir kommen do an eng Situatioun, wou mer déi Politick, déi mer elo maachen, déi mer am Konsensus maachen, déi mer och gär maachen, net méi kënnen finanzéieren. An dat ass eppes, wou mer mussen drun denken. Dat heescht, et huet kee Wäert, elo grouss Versprieche fir déi nächst Legislaturperiod ze maachen, mir mussen einfach kucken, wéi e finanzielle Spillraum deem Abléck existéiert, an dann och kucken, wéi mer verantwortungsvoll kënnen domadder ëmgoen.

Ech wëll awer vläicht, ier ech op zwou oder dräi Moossnamen hei méi konkret ze schwätze kommen, nach eng Kéier den Hannergrond belichte vun där ganzer Kris, an där mer sinn. Ech mengen, den Här Cruchten hat gesot, dat wäeren déi extreem héich Energiepräisser, an ech wëll dofir nach eng Kéier kuerz den Hannergrond belichten. Mir hunn déi Situatioun duerch de Krich an der Ukrain, datt mer an eng Situatioun komm sinn, wou eeben d'Energiepräisser explodéieren, wou mer hei an Europa, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mee hei an Europa, Energiepräisser hunn – an dat huet d'Fedil eis gesot an hiren Zeitungen, a verschiddenen Interventiounen –, wou dräi, véier verschidde Betriber, wou verschidde Betriber bis zéngmol sou deier musse komparativ bezuele wéi d'Konkurrenz an den USA.

Mir hunn eng Delokalisatioun vu Betriber aus Europa. Mir hunn eng amerikanesch Politick, déi bewusst probéiert, Betriber unzezéien, a mir wëssen och, datt mer op där dote Schinn net kënnen virufueren, well et de gesamteuropäeschen Interessien, eisen ekonomeschen Interessien, schuet. Mir kënnen och déi Politick net virmachen.

Elo loosst mech Iech eppes soen, do kënnt Dir erëm Äert Talent vun e bësse méi Temperament oder esou och weisen: Mir haten hei als ADR am Kontext vun der Ukrain vun Ufank u gesot, vun Ufank un, mir bräichte Mediatioun, mir bräichte Friddensverhandlungen. A mir sinn hei ugegraff g vum alle Bänken, well mer dat gesot hunn. De Moien hunn ech gelies an der Zeitung, wéi Dir och alleguer, datt den Här Bettel dat och elo seet. Gitt Dir dann elo och bei den Här Bettel a sot: „Wat macht Dir do?“

Une voix | Mir hunn dat nach ëmmer gesot!

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Dir hutt et nach ëmmer gesot? Ech spillen Iech dee Film vir. Mir setzen op eisen Internetsite, wat Dir gesot hutt. Elo huet den Här Bettel ...

M. Guy Arendt (DP) | Fir ze verhandelen, muss een zu zwee sinn!

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo. Elo huet den Här Bettel gesot, en hätt gär Verhandlungen. An ech froen Iech: Gitt Dir dann elo alleguer, wou Dir eis hei kritiséiert hutt, wéi mer dat hei gesot hunn, bei den Här Bettel a sot zu him: „Wat geet dech un, fir hei ze soen: „Hei, mir hätte gär Verhandlungen?““

(Interruptions)

Maacht Dir dat?

(Coups de cloche de la présidence)

Et wär vill besser gewiescht, mir hätten dat direkt gemaach! D'Ukrain hätt haut eng ganz aner Ausgangspositioun, wéi si se haut huet.

Une voix | Jo, et géif se net méi ginn!

M. Fernand Kartheiser (ADR) | An dat Zweet, wat ech Iech wëll soen ...

M. Fernand Etgen, Président | Wannechgelift, mir mussen elo erëm probéieren, zu deem gewinnnten, méi berouegten Toun ze kommen. Alleguer.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Voilà, ech schwätzen elo roueg. Dat Zweet, wat ech Iech wëll soen an deem Kontext, dat betrëfft d'Sanktiounen. D'Sanktiounen, déi eebe just zu deenen héijen Energiepräisser féieren a wou mir gesot hunn – a mir sinn och hei extreem kritiséiert ginn dofir –, datt dat och eng Politick ass, wou ëmgaange gëtt.

Den eelefte Pak, deem d'Europäesch Unioun elo d'lescht Woch ugeholl huet, do ass et just drëm gaangen, d'Méiglechkeeten ze verhënnern, fir d'Sanktiounen ze ëmgoen. Dat weist, datt se net wirken! An d'Amerikaner hunn eis virun dräi Woche gesot, datt de Level, also den Niveau, un Importer vun elektronischem Material a Russland um Virkriechsniveau ukomm ass. Just, fir Iech dat ze rappeléieren, well mir hunn dat hei als ADR gesot, mir goufen ugegraff vun alle Bänken, well mer dat gesot hunn, wat sech haut an an deene leschte Wochen einfach realiséiert huet. Ech wëll Iech dat soen, well Dir kënnt dat an Ärer Reflexioun vläicht mat abauen. Déi Kritik, déi mir hei kritt hunn, déi war net berechtigt!

Elo wëll ech awer och hei soen: Déi Moossnamen, déi hei konkret proposéiert ginn, wéi d'Gestion locative sociale, dat begrëisse mir ausdrécklech – ausdrécklech! – an och déi Upassung un d'Steiertabell. Dat ass eng laang Fuerderung, déi mer hei bruecht haten, nach virun de Kolleege vun der CSV. Mir sinn zwar ganz frou, datt déi se opgegraff hunn – ganz frou! –, awer nach ënnerscheede mir eis vun de Kolleege vun der CSV doduerch, datt mir soen: Et brauch en automatesche Mechanismus vun der Upassung. Well déi kal Progressioun, wann een d'Steiertabell net un d'Inflation upasst, ass einfach nëmmen eng Steiererhéijung ouni Sanktioun vum Parlament, fir dat ze maachen. Et ass eng permanent verstoppt Steiererhéijung op Käschte vun de Leit hei am Land – a mir wëllen dat net! Mir hunn et vun Ufank net gewollt an dofir verlaange mer och déi automatesch Upassung un d'Steiertabell.

Wann eng Regierung wëll d'Steieren erhéijen, da soll se de Courage hunn, fir dat ze soen, heihinnerzekommen an ze soen: „Mir géife gär d'Steierlaascht erhéijen.“ An da gëtt doriwwer ofgestëmmt an dann ass dat transparent an demokratesch. Déi kal Progressioun ass weeder transparent nach demokratesch a se ass

ongerecht. A mir wëlle se net an dofir ënnerstëtze mer déi ... Ech mengen, d'Chambre des Salariés oder esou hat dat och gesot. Déi hu gesot, dat misst automatesch ugepasst ginn.

Dann nach e Gedanken zu der CO₂-Steier: Dir wësst, dass mir se net wëlle kompenséieren – mir wëlle se ofschafen, einfach ofschafen! Mir brauchen déi Steuer net a mir wëlle se och dowéinst net kompenséieren. Natierlech, sou laang et se gëtt, ass et gutt, dass se kompenséiert gëtt, mee dat ass net dee Wee, dee mir géife proposéieren. Da brauche mer och hei net driwwer ze streiden, ob dat 16 % oder Gott weess wat sinn. Bei eis wär déi Steuer einfach inexistent.

Ech soen Iech Merci, d'ADR dréit dat hei mat.

M. Fred Keup (ADR) | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Kartheiser. Dann hat een awer nach eng Fro gestallt. Fir d'éischt den Här Kersch an dann den Här Cruchten.

M. Dan Kersch (LSAP) | Fir d'éischt emol, Här Kartheiser: Dir kënnt kenger Partei hei am Sall verbidde bäizeléieren.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Pardon, ech hat Iech akusteschesch net héieren. Wat kann ech net verbidde?

M. Dan Kersch (LSAP) | Dir kënnt kenger Partei verbidde bäizeléieren.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | A nee.

M. Dan Kersch (LSAP) | Wann en CSV-Spëtzekandidat fréier mol gemengt huet, d'Staatschold dierft héchstens 20 % sinn, an haut seet 29 %, 30 % oder 31 % – dat ass net d'Fro, mee et ass déi ekonomesch Realitéit, déi hannerdrustet –, dann deelt d'LSAP déi Aschätzung zu 100 %, dat hu mir nach ëmmer gesot. Wéi gesot, loosst jiddwereen evoluéieren, sou wéi hien dat ... Mee déi konkret Fro, déi ech Iech wollt stellen: Dir hat vun der Famill geschwat an eis ënnerstallt, mir wëilten d'Famill ofschafen.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo, steierlech.

M. Dan Kersch (LSAP) | Dofir wëll ech Iech froen: Gehéiert eng Famill, wou zwee Männer mat engem adoptéierte Kand zesummeliwen, gehéiert dat zur Famill an Ärer Definitiouen oder net? Oder zwou Fraen, déi zesummeliwen, ass dat an Ären Aen och eng Famill? A wann d'Änwert op déi Fro, déi ech elo gestallt hunn, „jo“ ass, da missten no Ärer Logik jo déi Familljen an der Steierklass 2 besteiert ginn. Ass dat Är Meenung oder ass dat Är Meenung net?

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo, Här Kersch, Dir waart net an der Chamber, ech mengen, Dir waart warscheinlech nach an der Regierung, wéi mer déi ganz Problematik iwwert de Mariage homosexuel an esou weider diskutéiert haten. Ech wëll Iech drun erënneren, dass mir do net derfir sinn. Mir hunn awer Modeller, well et gëtt einfach Liewenssituatiounen, wou zum Beispill e bestuete Mann oder eng bestuete Fra herno a sengem oder an hirem Liewen en homosexuellen Partner, eng lesbesch Partnerin huet, ne? Dat kënnt einfach vir, a mir hu jo gesot, wann do schonn e Kand mat an der Bezéiung ass, dann ass dat selbsterständlech. Och fir eis muss e Statutt fir den neie Partner fonnt ginn, well dat Kand muss da kënnen an engem familiären Zesummenhang liewen.

Dat heescht, et ass net e klore Jo oder e klore Nee. Wou mir awer e klore Jo – oder e klore Nee – soen, dat ass bei der Procréation médicalement assistée avec tiers donneur a bei der GPA. Do soe mir Nee, well dat ass näischt anescht wéi den Handel mat Kanner, an dat wëlle mer net. Dat soen och international Konventiounen, dass mer dat net wëllen, dat seet d'Kannerrechtskonventioun, a mir halen eis do un dat

international Recht, Här Kersch. A mir wärend frou, wann Dir dat och géift maachen.

Huet soss nach iergendee Kollege, mengen ech, Här President ...?

M. Fernand Etgen, Président | Den Här Cruchten hat nach d'Wuert gefrot.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Den Här Cruchten.

M. Yves Cruchten (LSAP) | Merci, Här President. Ech wëll den Här Kartheiser eigentlech just berouegen, dass kee Mënsch – a virun allem och net d'LSAP – wëll d'Famill ofschafen. Mir gesinn d'Famill als dat, wat se ass. Dat ass eng Gemeinschaft, wou Mënschen zesummeliwen, wou jiddwereen Eenzelen säi Raum kritt, fir ze wuessen, wou jiddwereen säi Raum kritt, fir sech ze entfalten. Famill, dat ass virun allem Gebuergeheet, Famill, dat ass och ganz dacks Léift a ganz ville verschidde Formen, déi déi Léift kann unhuelen, wéi den Här Kersch et elo just bemierkt huet. Famill, dat ass fir eis awer keng Steiergemeinschaft, an dofir gehéiert d'Famill fir eis och an den État civil an net an de Code fiscal.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Dat war keng Fro, mee ech sinn Iech awer dankbar, dass Der d'Wichtigkeet vun der Famill ënnerstrach hutt, Här Cruchten. Ech géif Iech vläicht äntwerten, dass mer mam éischten Deel vun Ären Ausféierunge glécklech sinn. A beim zweete soe mer: Mee steierlech soll d'Famill och begënschtegt ginn.

Sou, villmools Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci. An elo gi mer dem nächsten ageschriwwene Riedner d'Wuert an dat ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Här President, als Allereischt emol dem Rapporteur e ganz grouse Merci fir säi schrëftlechen a mëndlechen Rapport. A vierech soen ech och direkt, fir dass keng Diskussiounen opkommen: Mir stëmmen dat do natierlech mat.

Plusieurs voix | A!

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Awer et gëtt e puer Kritikpunkten. Säit der Steierreform vun 2017 si siwen Indextranchen fälleg ginn. Siwemol ass de Salaire ëm 2,5 % geklommen. A well d'Steiertabell net un d'Inflatioun ugepasst ginn ass a gëtt, ass et gläichzäiteg siwemol zu enger verstoppter Steiererhéijung komm. Et muss ee soen, dass déi sougenannt kal Progressioun eng ganz flott Saach ass fir d'Regierung. Während fënnf Joer kann een nämlech déi verstoppte Steiererhéijungen an d'Keess stiechen, ouni dass vill Leit et matkréien, an am fënnefte Joer gëtt een dann en Deel vun deem Geld a Form vun enger Steierreform un d'Wieler zeréck. Dat léisst keen Onmutt opkommen a suert fir allgemeng Zefriddenheet, besonnesch virun de Walen.

An dëser Legislaturperiod war den traditionelle Walkaddo awer bal an d'Waasser gefall. Déi sëlleg Krisen hunn d'Staatskeess uerdentlech geplëmmt an déi grouss ugekënnegt Steierreform huet missen ënnerwee ofgeblose ginn. Schlussendlech huet et jo dann awer nach geklappt mam Walkaddo a Form vun deem Steierkredit, dee sech um nächste Paiziedel wäert bemierkbar maachen.

Här President, nodeems am Joer 2022 virun allem an d'Kompetitivitéit oder, besser gesot, an d'Profitabilitéit vun den Entrepreneuren investéiert gouf, gëtt elo mat der Ëmsetzung vum drëtten Tripartittaccord an d'Kafkraaft vun de Leit investéiert. Mir begrëssen dat a wäerten dës Projet de loi, wéi ech et och scho gesot

hunn, dofir och matstëmmen. D'Adaptatioun vun der Steiertabell un d'Inflatioun ass eng Fuerderung vun de Gewerkschaften an et ass och eng Fuerderung vun déi Lénk. Mat deem haitege Projet de loi gëtt se ab dem Januar eemoleg ëmgesat an Héicht vun 2,5 Tranchen. Dat ass wuelgemierkt just eng partiell Adaptatioun, well, wéi ech agangs scho gesot hunn, siwen Tranchen erfalt si säit 2017 a viraussichtlech Enn des Joers nach eng weider Tranche wäert ufalen.

D'CSL huet d'Beispill ausgerechent vun engem Steuerzueler an der Klass 1 mat 5.000 Euro brutto pro Mount. Géif d'Steiertabell un déi aacht Tranchen ugepasst ginn, géif dës Steuerzueler d'nächst Joer 1.654 Euro manner Steiere bezuele wéi mat dëser Upassung ëm 2,5 Tranchen. Et gesäit een also, dass et an dëser Diskussioun net just ëm en Täschegeld geet, mee ëm en substanzieel Montanten. Mir plädéieren dofir och fir eng automatesch Upassung, déi jo 2013 ofgeschaf gouf.

Wat de Steierkredit ugeet, muss ee bedauern, dass op en Neits Leit aus der Steierklass 1a schlecht ewechkommen. Ech versti jo och, dass et technesch net esou einfach ass, de Steierkredit esou ze berechnen, dass bei all Situatioun duerno dat erauskënnt, wat am Tripartittaccord festgehalé gouf, mee speziell bei der Steierklass 1a hätt een awer kënnen oppassen a sech eng afale loosse, well heimadder gëtt dat Gefill vu Steierongerechtegkeet, dass ganz vill Mënschen awer an dëser Steierklass elo schonn hunn – an zumools d'Monoparentalen hunn dat –, nach eng Kéier zousätzlech ënnerstrach.

Här President, wat dës Projet de loi net mécht – an dat kann een net genuch betounen –, dat ass, eppes un der struktureller Steierongerechtegkeet an deem Land ze änneren. E gesäit eng Baisse vun der Besteuerung an all Akommeskategorie vir, ouni iergendepes un der grondsätzlecher Verdeelung vun der Steuerlaascht ze änneren.

Mir si jo net déi Eenzeg, déi dat soen. Déi ënnescht Akommeskategorie bezuelen ze vill Steieren an déi ganz héich Akommeskategorien net genuch. Déi Leit, déi all Dag haart schaffe fir e Salaire, mat deem se grad sou iwwert d'Ronne kommen, sinn d'Mëllechkéi vun der Natioun, während uewen erass, virun allem wéinst der niddreger Besteuerung vun de Kapitalertrag, eise Steiersystem regressiv ass.

Wa mer net wëllen, dass dës Gesellschaft auserneebrécht, da muss do ganz grondsätzlech ëmgeduecht ginn. Déi nächst Regierung muss eng strukturell Steierreform an Ugrëff huelen, déi fir méi Gerechtegkeet suert – net eng Steierreform, wou jiddwereen manner Steiere bezilt an dann duerno de Staat quasi muss ofgerappt ginn, fir den Defizit ze decken, mee eng Steierreform, déi ëmverdeelt, déi de Räichtum méi besteiert an d'Aarbecht manner. Déi, déi et hunn, kënnen och méi bezuelen, an déi, déi et net hunn, déi müssen einfach méi gehollef kréien an ënnert d'Äerm gegräff kréien.

Här President, ech wëll nach e puer Saache soen zu deenen anere Mesüeren, déi an deem Gesetzesprojet enthalte sinn.

Datt de Steierkredit, fir d'CO₂-Tax ze kompenséieren, elo als eegestännege Steierkredit konzipéiert gëtt, begrësse mir ausdrécklech. Dat vereinfacht nämlech déi politesch Diskussiounen enorm. Ech wëll awer domadder betounen, dass fir eis de Montant vun deem Steierkredit net duergeet, fir d'CO₂-Steier ze kompenséieren, oder net mat der Erhéijung, déi elo fir d'nächst Joer virgesinn ass. Et ass eng politesch Fro, op där mir ganz sensibel eebe sinn, well déi ënnescht Akommesklasse si proportional vun där Steuer do nees am meeschte betraff. Net nëmmen, well dës

Tax par rapport zu hirem Akommes einfach méi en héije Prozentsaz ausmécht, mee virun allem och, well se desér CO₂-Steier einfach manner können aus dem Wee goen.

Wie sech um Cents en isoléiert Haus mat Wärmepompe la leeschten an um Kierchbiere schaff, dee brauch net vill CO₂-Steieren ze bezuelen. Mee een, deen zu Péiteng an enger schlecht isoléierter Wunneng mat enger Masutttheizung wunnt an um 4.00 Auer an der Nuecht muss um Findel op der Schicht sinn, dee kann der CO₂-Steier net aus dem Wee goen. An dee gött einfach just massiv ofgestrooft, ouni dofir ze können.

Dës Zort vu Klimapolitick, déi op deem sozialen A komplett blann ass, wäert net funktionéieren! Dir rennt domadder an eng Mauer, well Dir d'Leit géint de Klimaschutz ophetzt a se an d'Äerm vu méi rietsche Parteien dreift!

Une voix | Très bien!

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Ech si schockéiert.

(Hilarité)

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Ech kann domadder liewen.

(Hilarité et interruptions)

Dann nach just e puer Wieder zu de Logementsmesüren: D'Erhéijung vun der Exoneratioun vun de Loyer-revenuen op 75 %, wann ee seng Wunneng oder säin Haus iwwer eng Location sociale verlount, droe mir mat. Wéi et schéngt, sinn déi 50 % Exoneratioun jo nach net duergaangen, fir dat genuch Leit hir Objeten op dës Aart a Weis verlounen. Mir halen d'Gestion locative sociale fir eng immens gutt Saach, och well et derzou féiert, dass manner Objete verkaaft ginn an um Locationsmarché einfach bleiwen.

Ech wëll awer och just gesot hunn, dass dës Mesür virun allem dowéinst néideg ass, well mer et einfach als Staat net fäerdegréngen, selwer genuch sozialen an abordabele Wunennsraum ze schafen an derfir ze suergen, dass et d'äers ëmmer méi gött.

Wéi Der vläicht eraushéiert, si mer net grad esou enthusiastesch par rapport zu dësem Projet de loi wéi all eis Virriedner a -riednerinnen. Mee wéi jo schonn am Ufank gesot, wäerte mer d'ës awer matstëmmen. Merci fir d'Nolauschtenen.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat dësem Text, dat hu meng Vierriedner/inne gesot, setzt d'Regierung dann eent vun de Kärschécker – et kéint ee scho bal soen ee vun de „Filetschécker“ – vum Tripartitt-Accord 3.0 ëm. Dofir Merci un de Rapportier fir den ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport. Et geet bekanntlecherweis ëm d'Upassung vun der Steiertabell, en neie Steierkredit, d'Upassung vum Plafong vun den Zësen, fir mol nëmmen déi ze nennen, a mir kéinten nach weiderfueren.

Et ass awer elo scho geschwé v'ier Méint hier, dass den Tripartitt-Accord 3.0 geschriwwen ginn ass. An et gött héich Zäit, dass mer dat hei ëmsetzen! D'Leit hei am Land, an a ganz Europa, leiden zanter elo scho bal annerhallweg Joer ënnert de Konsequenze vun engem Ugrëfskrich vu Russland, deen duerch näischt ze justifiéieren ass! Si leiden ënnert der Inflation, den héijen Zësen, jo, an den Energiepreisser. An elo kommen Hëllef, mee si kommen och spéit!

Här President, d'Piraten hunn an hirer Pressekonferenz am März scho Kriticken um leschten Tripartitt-Accord virbruecht a selwer gerecht Léisunge fir haut a muer presentéiert, fir d'Steiergelder méi gerecht un d'Leit am Land ze verdeelen. Well d'Rechnung geet net op! Dat ass eisen éischte Constat, deen ee bei der Analys vum drëtten Tripartitt-Accord maache muss.

D'Rechnung geet net op, well d'Regierung déi reell Käschte vun alle Moossnamen net erwänt huet, déi wäerte finanzéiert ginn. Op déi 500 Milliounen, déi fir d'Upassung vum Steuerbarème geplangt sinn, kommen nämlech 180 Milliounen drop fir d'Iwwerhuele vun de Käschte vun enger Indexbranche, déi d'Regierung am zweeten Tripartitt-Accord scho versprochen hat. An dës soll jo am drëtten Trimester plus/minus fällig ginn a bis Enn Januar vum Staat iwwerholl ginn.

Hat d'Regierung nach am Dezember d'lescht Joer, an dat gouf haut schonn eng Kéier gesot, haart geruff, dass ee kee finanzpoliteschen, ech zitieren, „Harakiri“ wëllt maachen, esou deit den Ubléck vun den aktuellen Zuelen geschat, mee mir iwwerschätzen och ganz heefeg déi Ausgaben. Dat heescht, ech si wierklech gespaant, wou mer herno landen!

Iwwer zwee Joer gekuckt wëllt dës Regierung iwwer 1,5 Milliarden Euro ausginn. Déi wëlle se ausginn ... De CNFP seet awer och ganz kloer, et gött ëmmer vun deene Mesüre geschwat, mee mir iwwerschätzen och ganz heefeg déi Ausgaben. Dat heescht, ech si wierklech gespaant, wou mer herno landen!

Engersäits kann et e gudd Batz méi sinn, wann een all d'Mesüren aus all den Tripartitt-Accorden zesumme-rechent, anerersäits kann et sinn, dass mer guer net alles ausginn. An déi Ongewëssheet, Madamm Finanzministesch, deet mech awer als Legislativ heibannen e bëssen zweiwelen, well u sech erwaarden ech mer, wa mer mat Zuele konfrontéiert ginn, déi en Impakt op de Budget hunn, dass mer do eng besser Plangbarkeet dovunner hunn.

An ech soen dat net mat engem liichten Häerz. Ech soen dat einfach aus deem Grond, well mer e Méinden déi Presentatioun hate vum CNFP, deen eis gesot huet, dass déi Iwwerschätzung vun den Depensen an déi Ennerschätzung vun de Recetten – an do schwätze mer vu 500 Milliounen Euro d'Joer! –, dass dat u sech net vu geschäit ass. Dat ass net dës Regierung, déi dat gemaach huet. Dat ass strukturell zënter 1996!

Dat heescht, déi lescht bal 30 Joer goufen der Chamber u sech ëmmer erëm Zuele virgeluecht, déi sech um Enn vum Joer ëm ronn 500 Milliounen falsch duergestallt hunn. Elo kann ee soen: „De Budget ass déi lescht Jore gewuess an doduercher mécht dat prozentual manner aus.“ Bon, fir mech, ech géif mer wierklech wënschen, dass d'Rechnung opgeet, an ech géif mer wënschen, dass mer déi Rechnung och kéinten iwwerpräiwen.

(Interruption)

An dat bréngt mech dann zu enger zweeter Kritik: D'Steiermoossname sinn esou, wéi se hei sinn, net ganz gerecht. Op de Kapp gekuckt, kënn en Elengerzéiende méi schlecht ewech wéi eng Famill mat zwee Kanner. Dat weisen och d'Zuelen, déi de Ministère selwer publizéiert huet. An d'ës obwuel déi Elengerzéiend deem héchsten Aarmutsrisiko hei am Land ausgesat sinn!

Wann ee weess, dass d'Ofschafe vun der Steierklass 1a fir déi Elengerzéiend nëmme ronn 140 Milliounen – dat war aus eise Steierdebat – Euro kaschte géif, dann huet d'Regierung an dësem Moment versot, well dat wäeren 10 % vum dem Gesamtbudget hei gewiescht, fir direkt! An, ech mengen, do hätt een eng Direktmoossnam kënnen maachen!

D'Monoparentalle sinn also bei dësem Steierkredit definitiv erëm ënnert de Verlëierer. A mir maache souguer strukturell d'Schéier zwëschen de bestuetene Koppelen an den Elengerzéiende méi grouss. An dat kënnen mir Piraten esou net einfach nëmmen hinuelen! Dofir, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, hunn ech dat hei awer musse mat enger gewëssener Vehemenz soen. An ech wäert mech och drunhalen, dass mer dee Gap do zoukréien, well et muss e gerechte Steiersystem ginn! Et brauch e System, wou mer net d'Differenz maache bei dem État civil, fir den État fiscal ze bestëmmen.

Den 20. März hu mir Piraten dofir Alternative presentéiert. Mir hu konkret proposéiert, dass ee mat deene 500 Milliounen, déi elo an deem heite Package sinn, konkret kéint maachen. Mir hu kloer gefuerdert, dass eng gerecht Léisung wier, wann d'Direkthëllef pro Persoun gestaffelt no Joresakommes misst kommen, fir dass d'Leit direkt méi Geld am Portmonni hätten an net iwwer d'Joer gekuckt. D'Leit hätten déi Suen direkt können notzen a bräichten net dorop ze waarden, dass se mat den eenzele Steierkreditte all Mount no an no kommen.

Ech si scho frou, an dat wëll ech och soen, dass mer hei wéinstens bei engem Steierkredit sinn, deen direkt op der Steierkaart applizéiert gött. Am Ufank war och do nach e bëssen en Doute, e Flou, well dat net ganz kloer war, ob dat elo eppes wär, wat iwwer d'Steierklärung oder iwwer den Decombe géif kommen oder direkt op der Steierkaart. Ech si ganz frou, dass mer et hei zumindest iwwer d'Steierkaart maachen, ech weisen awer drop hin, dass dat heescht, dass déi Suen iwwer déi nächst Méint drëppelcherweis de Leit zeguttkommen an net, wéi mir dat proposéiert haten, an engem Coup.

Am gläichen Zuch hu mer proposéiert, keng Ennerscheider tëschent de Leit an de Steierklassen ze maachen, mee nëmmen Ennerscheider opgrond vum Akommes, fir d'Leit esou méi gläich, méi gerecht ze behandelen.

Här President, den 20. Oktober d'lescht Joer no dem Premier senger Ried zur Lag vun der Natioun hate mir Pirate scho proposéiert, den Undeel vun den Zësen ze verduebelen, déi ee bei senger Steiererklärung fir eng Wunneng oder en Haus, wou ee selwer dra wunnt, dierft ofsetzen. Amplaz vun de vun eis schonn am Oktober proposéierten 100 % geet d'Regierung nëmmen op de Wee vu 50 %, d'ës, obwuel sech de Leetzëns eleng zanter dem Ennerschreiw vum Tripartitt-Accord vun 2,5 % op 4 % erhéicht huet. Wéi mer eis Hëllef proposéiert hunn – an ech erënneren drun: Eis Hëllef wier duebel esou vill, wéi d'Regierung elo proposéiert –, wéi mir eis Hëllef proposéiert hunn am Oktober, war de Leetzëns nach bei 1,25 %; mir sinn elo bei 4 % – dat ass eng Verdräifachung!

Mee d'Zësen, déi een op der Bank kritt huet, waren och du schonns dräimol sou héich wéi dat, wat de Leetzëns ass. Well de Leetzëns, dat wësse mer allegueren, ass net dat, mat deem ee léine geet. Dat ass dat, wat d'Banken ënnertene bezuelen, dass ass dat, wat se kréien, wa se Geld bei d'Zentralbank droen. Wat mir als Konsumenten u Prête musse bezuelen, ass ëmmer méi héich; et muss jo eng gewëss Marge do sinn.

Amplaz also proaktiv ze sinn, huet d'Regierung spéit an nëmmen deelweis reagiert. Besëtzer vun enger Wunneng oder engem Haus, déi ganz oder deelweis e variabelen Tax hunn, sinn an de leschte Méint ferm an d'Strüeweile komm. Hinne muss richtig gehollé ginn! An eisen Immobiliemarché leit, wa weider Immobilien op de Marché kommen, well d'Leit d'Mensualitéiten einfach net méi packen. An et muss ee kloer soen: Och

déi Mesür, däers si mer eis bewosst, gräift eréischt mat der Steiererklärung a gräift eréischt, wann d'Steiererklärung och gemaach an ofgerechent ass. Dat heescht, och dat wär net eng direkt Mesür gewiescht, mee et hätt awer zumindest de Leit eng gewëss Planungssécherheet ginn.

Ech kommen zum Schluss, Här President. Dat wichtigst Stéck vun engem groussen Hëllefspak huet d'Regierung awer net mat beim Tripartittsaccord 3.0 decidéiert. Si nennt et zwar Solidaritéitspak 3.0, mee eng wirklech solidaresch a gerecht Steierreform, déi op individuell Besteuerung setzt, huet se net dra verpakt. Als gerecht Léisung fir muer wäerten d'Pirate sech weider fir dës Steierreform asetzen. D'Steierklasse mussen ofgeschaf ginn an duerch eng individuell Besteuerung ersat ginn, déi de wirkleche Liewenssituatione vun de Leit Rechnung dréit! D'Steierbarème mussen ugepasst ginn, fir datt de Mindestloun och um Pabeier steierfräi ass, fir d'Leit eréischt ab deem Moment Akommsteier bezuelen ze loosse, wou et doriwwer erausgeet.

D'CO₂-Steier, déi aktuell nëmmen de Konsum bestrooft, muss duerch e Klimabonus erweidert ginn, fir d'Leit ze motivéieren, um Klimaschutz deelzehuelen, andeems de Verzicht op onnéidege Konsum belount gëtt. Jo, dat sinn déi Mesüren, déi de Leit laangfristeg géifen hëlfe, duerch dës Multikrisen ze kommen an déi eist Land géifen am Kampf géint de Klimawandel weider no vir bréngen!

Elo soen ech Iech awer, léif Kollegeinnen a Kollegen: Dat heiten ass zumindest eng kleng Dréps. An dofir wäerten d'Piraten dat awer matdroen. Ech soen Iech Merci.

M. Marc Goergen (Piraten) | Ganz gutt!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Clement. Den Här Baum wëllt Iech nach eng Fro stellen, Här Clement.

M. Gilles Baum (DP), rapporteur | Nee, nee, Här Clement, et ass keng Fro. Et ass just: Dir hutt virdru gesot, et hätt laang geschleeft. Ech wollt Iech just soen: Den Accord ass ënnerschriwwen ginn den 3. März, d'Gesetz ass deposéiert ginn den 5. Abrëll, dat war an der Ouschtervakanz. Den 21. hate mer d'Presentatioun an der Kommissioun, du war et beim Staatsrot a soubal, wéi den Avis vum Staatsrot zrëck war – dat war, waart, ech kucken eng Kéier, hei hunn ech et stoen, den 13., do ass den Avis vum Staatsrot komm, den 13. dës Mount –, den 22., hu mer de Rapport gestëmmt an haut ass et an der Chamber.

Ech fannen, dass mer wéi an allen aneren Dossieren hei esou sanner geschaff hunn, wéi mer konnten. Mir waren och hei tributaire vum Staatsrot. Mengt net, ech wär net méi wéi eng Kéier gefrot ginn: „Wéini kënnt dat do? Wéini kënnt dat do endlech?“ Wéi gesot, ech si frou, dass mer, mengen ech, haut hei e ganz grouse Konsens hunn. Mee, wéi gesot, fir ze soen, mir hätten et hei schleefe gelooss, dat fannen ech net ganz gerecht.

Une voix | Très bien!

M. Sven Clement (Piraten) | An ech muss dorobber just äntweren, dass ech net gesot hunn, mir als Chamber hätten et schleefe gelooss. Ech hu constatéiert, datt véier Méint fir déi Leit, déi betraff sinn – an Dir hutt warscheinlech déi nammlecht Temoignagen héiere wéi mir alleguerten heibannen –, eng laang Zäit waren. Dat ass nun emol esou, wann een eppes hautdesdaags an den Zäite vu soziale Medien annonciéiert, datt d'Leit sech och erwaarden, datt et ab muer a Kraaft trëtt. An et ass eeben net esou, datt et deemools wéi beim Fall vun der Berliner Mauer geet, datt dat ëmmer esou séier geet, dat muss een dann och erklären.

Ech wëll awer och ganz konkret soen, datt ech beim Steierkredit och kritiséiert hunn, datt en eeben net als Direkthëllef, wéi mir dat proposéiert hunn, ausbezuelt gëtt, wou et elo nach méi séier gehollef hätt, mee datt en eeben elo pro rata mat all Pai de Leit eebe proratiséiert zeguttkënn. Mir haten do eng méi séier Léisung proposéiert, mee dat ass eeben, wann een an der Oppositioun ass, dann huet een heiansdo och minoritär Iddien.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, d' Madamm Finanzministeresch Yuriko Backes.

Prise de position du Gouvernement

Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances | Gudde Mëtteg, Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert. Och vu menger Säit aus dem Rapporteur e ganz grouse Merci fir d'Presentatioun vu sengem Rapport an och dem Detail zu den eenzele Mesüren. Ech mengen och, dass mir an Dir hei wirklech gutt geschafft hunn.

Mir setzen hei den drëtten Tripartittsaccord, oder en Deel dovunner, nach weider ëm, dee jo och bewisen huet, dass de Sozialdialog hei zu Lëtzebuerg wirklech gutt funktionéiert. Ech freeë mech, dass mir iwwert dës Wee d'Kafkraaft vun de Leit och weider stärke kënnen. Ech mengen, dat ass wirklech an Zäite wéi haut extreem wichtig. Déi Entlaaschtung kënnt da via d'Upassung vum Barème. D'Tranché ginn no uewen ugepasst an der Héicht vun 2,5 Indextranchen oder ronn 6,4 %. Dës Modifikatioun bedeit, dass d'Leit da manner séier an déi méi héich Tranché falen.

Well dës Mesür awer eréischt ab dem Steierjoer 2024 méiglech ass, féiere mir dann eeben dës Joer de Crédit d'impôt conjuncture an, deen ass da réckwierkend op den 1. Januar dës Joer. E gëtt berechent, wéi wann et dës Joer eng Upassung vun der Steiertabell an der Héicht vun zwou Indextranché géif ginn.

Ech maachen eng Klammer op: Ech verstinn, dass Verschiddener heibannen eng komplett Upassung vum Barème gefrot hunn an och nach weider froen. Och verschidden aner Mesüre sollte verduebelt ginn. Ech mengen, do sidd Dir awer net ganz kredibel, wann Der dann zur selwechter Zäit sot a repetéiert, dass den Defizit an d'Dette vill ze héich sinn; an den CNFP-Rapport, dee gëtt dann och zitéiert. Ech mengen, mir müssen och an enger Kris weider responsabel agéieren. D'Regierung huet verschidde ganz cibléiert Mesüre geholl, an dat, fir déi Leit ze ënnerstëtzen, déi et am meeschte brauchen – dat sinn déi vulnerabel Stéit –, op där anerer Säit, fir déi Entrepreneuren och cibléiert ze ënnerstëtzen, déi mat den héijen Energieskäschen da Problemer haten.

An dann hu mer effektiv och manner cibléiert Mesüre geholl. A firwat hu mer déi geholl? Majo, well mer wëllen d'Inflatioun bekämpfen. An ech mengen, d'Resultat läit um Dësch. Mir hunn déi niddregst Inflatioun an Europa an och dat hëlleft de Leit an och dat hëlleft den Entrepreneuren! Hei hu mer wirklech gemaach, wat mer konnten.

Mir wäerten dann och den zousätzleche Steierkredit fir déi sozial Kompensatioun vun der méi héijer CO₂-Steier elo separat ausweisen, an dat dann ab 2024.

Mir hunn an deem Kader och de Steierfräibetrag vu Loyerrecetté bei der Gestion locative sociale op 75 % eropgesat. Dës Mesür hëlleft op der Offersäit, wat, mengen ech, wirklech, am Kontext, wou mer haut sinn, och ganz wichtig ass. An déi Mesür zielt dann och ab dësem Joer.

An da gëtt mat dësem Gesetz och d'Subventioun vum Masutt an dem LPG bis Enn 2024 verlängert.

Ech freeë mech natierlech och iwwert déi verschidden Avisen vun de Chambres professionnelles. Allgemeng stelle mer hei fest, dass déi eis Texter ganz positiv aviséieren. D'Chambre des Métiers an d'Chambre de Commerce begreifen d'Mesüren aus dësem Gesetzesprojet. D'Chambre des Salariés an d'Chambres des Fonctionnaires et Employés publics freeë sech och iwwert d'Upassung vum Steuerbarème, mee si hätte gärer méi gehat.

Wéi gesot: Ech verstinn dat, mee eng komplett Upassung elo ass net méiglech! Dofir ass effektiv de Sputt net do. Dat ass a bleift eebe wouer.

De Statec: Ech mengen, deem seng Statistike suivéiere mer natierlech och. Mir gesinn, dass de Wuesstem manner héich ass. Ech hu scho gesot: D'Inflatioun ass um niddregsten Niveau vun der Unioun. Ech mengen, dat muss mer natierlech och ganz no suivéieren. Mee de Statec huet seng Previsiounen och ganz oft mussen revidéieren. Dat ass eeben esou an enger Kris. Do ass d'Previsibilitéit leider limitéiert.

Et hu Verschiddener vun Iech heibannen och vun enger Steierreform geschwat. Also, ech sinn deen Éischten, deen Iech hei wëll soen: „Absolutt, dat bleift eng Prioritéit.“ An ech hoffen natierlech och, dass ech an der Zukunft un enger Steierreform kann eng Hand mat upaken.

Ech wëll dann zum Schluss wirklech der Chamber Merci soen, dass Dir déi Texter hei esou séier aviséiert hutt. Ech freeë mech och wirklech op déi ganz breet Zoustëmmung an dësem Haus.

D'Mesüren, dat muss ech wirklech ënnersträichen, bréngen eng ganz kloer an eng nohalteg Entlaaschtung fir d'Leit. A vu dass mer ëmmer esou vill Negatives trotzdeem liesen an ëmmer héieren, wëll ech hei vläicht just op enger positiver Nott och ophalen, wann Der erlaabt, Här President, fir op de Communiqué vun der Lëtzeburger Zentralbank hinweisen, deen de Moie publizéiert gouf. Do geet et ëm eng Enquête de conjuncture vun de Consommateuren. An hei gesi mer eng weider Progressioun an der Confiance vun de Consommateuren. An, ech mengen, dat ass wirklech eng ganz gutt Nouvelle!

Ech soen Iech Merci, Här President.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Madamm Finanzministeresch Yuriko Backes. D'Diskussioun ass elo ofgeschlossen.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8195.

Ech wollt Iech drop hiweisen, dass an den Article 6, 7, 8 nach e puer Trackchanges hu missen ewechgeholl ginn. Am Artikel 6, Paragraf 3, beim b) war den „l“ vu „la“ nach duerchgestrach. Am Artikel 7 beim éischte Paragraf beim a) waren nach zwee „s“ bei „les termes“ duerchgestrach, beim b) war nach ee Punkt duerchgestrach a beim Punkt c) waren d'Opzielungen i) an ii) nach ënnerstrach. A schliesslech beim Artikel 8, beim b), dem zweeten Tiret, war zum Schluss ee Stréchpunkt nach ënnerstrach. Mir stëmmen elo iwwert den Text ouni dës Trackchanges of.

Den Text steet am Document parlementaire 8195⁶.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8195 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschlossen.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmegeg ugeho.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Jean-Marie Halsdorf), Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp) et Michel Wolter ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Motion 1

Da muss mer elo nach zum Vott vun der Motioun kommen, déi den Här Roth deposéiert huet. Wie wëllt nach d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Den Här Sven Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Déi Motioun ass eis am Kär ganz sympathesch.

Ech wollt just d'Fro stellen, wéi sech d'CSV-Fraktioun duerno d'Verdeelung vun deene Wunnenge géif virstellen. Well et ass esou: D'AIS, d'Agence-immobilière-socialen, déi si jo mam Familjeminstère konventionéiert. An do gëtt et eng gewësse Gouvernance, wéi déi Wunnengen dann och vergi ginn, och no gewësene Krittären. An ech fäerten e bëssen, wa mer dat komplett opmaache fir eis 100 Gemengen, datt een do vläicht e bëssen och ënnerschiddlech Behandlungen kéint kréien an deenen eenzelne Gemengen. An dofir wollt ech einfach froen, wéi Der Iech dat virstellt.

Mee am Kär ass se eis sympathesch an en fonction dovunner kënnen mer se da matdroen.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Clement. Da géif ech direkt d'Wuert un den Här Roth ginn.

M. Gilles Roth (CSV) | Merci, Här President. Ech mengen, déi Fro vum Här Clement ass och berechtigt. Mee Dir wësst, dass et zënter 2012 eigentlech eng Reform vun den Office-socialen gëtt an dass déi Office-socialen kënnen ouni Problem, ob se elo fir eng oder méi Gemengen zoustänneg sinn, déi Verdeelung vun deene Wunnenge virhuelen no Krittären, déi an den eenzele Gemengen, selbstverständlech no de Critères sociaux, festgeluecht sinn.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Roth. Dann huet d'Madamm Cecchetti d'Wuert gefrot.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Jo, ech hunn och eng Fro, well eis ass déi Motioun och ganz sympathesch a mir géife se och matstëmmen. Ech hu just d'Fro: Souwäit ech jo weess, beim AIS, wann d'Leit hir Haiser oder hir Appartementer iwwert dee Wee verloune loosse, ass jo och de Loyer gedeckelt. Wéi

gesitt Dir dat hei vir? Soll dat esou änlech funktionéieren, well soss géife mer jo awer vläicht riskéieren, datt d'Gemenge Wucherloyere misste bezuelen an dat erëm iwwert d'öffentlech Hand misst bezuelt ginn? Dat ass meng eenzeg Fro, déi ech hunn.

M. Fernand Etgen, Président | Den Här Roth direkt fir d'Änwert.

M. Gilles Roth (CSV) | Ech mengen, déi Fro ass och berechtigt, mee mir hunn dat jo am Kontext vun der Uleennung oder Erweiderung vun deem System, wéi et elo bei der Gestion locative sociale, der GLS, ass; déi selwecht Krittären, och mat der Deckelung vun dem Loyer, selbstverständlech. Et kann net sinn, dass d'Leit hiet Appartement zu dem normale Marché-präis géinge verloune a si géifen da 75 % Exemption vun hire Rentréee vum Loyer kréien.

D'Schlüsselung vun de Krittären muss déi selwecht sinn, wéi wann ech der Gestion locative sociale dat ginn. Mee et gëtt en zousätzlechen Ureiz, well, ech soen Iech och ganz éierlech, net all Mensch weess ... Et si jo oft, loosse mer d'Saach soen, eeler Leit, déi nach Appartementer hunn, wou se soen: „O, ech wëll mech elo net méi do mat Loyer an ech weess net soss Problemer erëmwälzen“, déi soen: „Ech ginn dat där Gestion locative sociale.“ An eng Gemeng ass nun emol, loosse mer soen, ganz éierlech, heiansdo méi no zu de Bierger wéi sou eng ASBL.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Roth. Dann huet den Här Gilles Baum d'Wuert gefrot.

M. Gilles Baum (DP), rapporteur | Merci fir d'Wuert, Här President. Ech mengen, alleguerten déi heibannen, déi an de Gemengen aktiv sinn, an dat sinn der ganz vill, déi wëssen, dass eng Gemeng emol kann an d'Situatioun kommen, wou se Leit muss relogéieren, séier logéieren, dass Leit kommen, déi aus der Wunneng eraus mussen. A wann een dann d'Méiglechkeet huet, fir bei enger Privatpersoun dann entweeder eng Wunneng kënnen ze lounen, en Haus kënnen ze lounen, da weess ech, dass ganz vill Gemengen dat nawell gär maachen.

Ech muss Iech soen: Ech fannen déi Propos hei, déi gemaach ginn ass, ganz sënnavoll. Ech fannen déi ganz gutt. Ech mengen, d'Detailer misst een eng Kéier festhale mat Sécherheet an der Finanzkommission, mee ech géif menger Fraktioun op alle Fall proposéieren, dat heite matzestëmmen.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Baum.

Kënnen mer iwwer dës Motioun dann à main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote sur la motion 1

Wien d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder ass dës Motioun eestëmmeg ugeholl.

3. Dépôt d'une proposition de loi par M. Aly Kaes

Da géif ech d'Wuert un den Här Aly Kaes gi fir den Depot vun enger Proposition de loi. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

Exposé

M. Aly Kaes (CSV), auteur | Jo, merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et handelt sech hei ëm eng Proposition de loi, wou et drëm geet, bei eisen Ingénieur-directeurs respektiv eisen Direkteren an hiren

Adjointen, déi an den interkommunale Syndikater tätég sinn, a ganz besonnesch an deene méi technesche Syndikater tätég sinn, déi all Dag mussen reagéieren op déi Besoinen, déi sech stellen, déi awer leider Gottes net de Cadre légal hunn, fir ganz dacks konform zu eiser Gesetzgebung ze reagéieren, fir eeben dat Gesetz iwwert d'interkommunal Syndikater dohigeeënd ze änneren, fir datt et méiglech ass, datt déi Leit och kënnen déi schwéier Missiounn erfëllen, déi si hunn, déi se exzellent wouerhuelen, mee wou si leider Gottes ëmmer erëm an enger Grozon si respektiv souguer licht an der Inégalitéit heiansdo sinn, fir kënnen de Betrib adequat ze féieren. Fir dat ze änneren, wollt ech eeben dës Proposition de loi deposéieren.

8261 – Proposition de loi 1. portant modification de la loi modifiée du 23 février 2001 concernant les syndicats de communes et 2. portant modification de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux

M. Gilles Roth (CSV) | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Kaes.

M. Aly Kaes (CSV), auteur | Merci.

4. 8115 – Projet de loi instituant un régime d'aide en faveur de la primo-création d'entreprise

Als nächste Punkt um Ordre du jour steet de Projet de loi 8115 iwwert d'Afféiere vu Bähilëlle fir Mikroentreprise vum Geschäfts- an Handwerkssektor. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht a Rapportrice vun dësem Projet de loi ass déi honorabel Madamm Simone Beissel. Madamm Beissel, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Classes moyennes et du Tourisme

Mme Simone Beissel (DP), rapportrice | Merci, Här President. Kolleginnen a Kollegen, mat dem Projet de loi 8115 gëtt eng nei Hëllef geschaf fir Mikroentreprises am Secteur vum Handel a vum Handwerk. Schonn a senger Ried zur Lag vun der Natioun vum 12. Oktober 2021 hat de Premierminister d'Annonce gemaach, dass dës Hëllef fir Mikroentreprises, wéi een et nennt, Aide primo-créateur, soll geschaf ginn. An haut gëtt dës Annonce vun der Regierung Realitéit.

Wat versti mer ënner enger Mikroentreprise? Ma et ass eng Entreprise, déi manner wéi zéng Leit huet an e Chiffre d'affaires annuel, dee manner ass wéi 2 Milliounen Euro. D'Zil vun der Aide primo-créateur, ass op der enger Säit eeben, den Entrepreneursgeescht ze fërderen, an op der anerer Säit och, fir nei Betriber mat neien Aktivitéiten ze fërderen.

Wat sinn d'Konditiounen? Fir dass eng Mikroentreprise an de Genoss vun dësen Aidë komme kann, muss se folgend Konditiounen erfëllen – et sinn der u sech véier un der Zuel –: Si muss éischtens nei gegrënnt gi sinn, dat heescht, si muss eng Autorité d'établissement hunn, déi manner wéi sechs Méint al ass. Zweetens muss den Dirigeant d'entreprise eng beschleunegt Formatioun matgemaach hunn a Gestion d'entreprise, fir eebe just d'Chancé vun den nei gegrënnten Entrepris maximal an d'Luucht ze schrauwen a Saache vu gudder Gestéioun. Drëtts: Et kann een awer eng Dispens kréie vun dëser Formatioun, an zwar wann een entweeder en Unidiplom huet a Gestion d'entreprise oder awer wann een e Brevet de maîtrise huet oder awer wann een en auslänneschen Diplom huet, deem seng Equivalenz zum Brevet de maîtrise hei zu Lëtzebuerg unerkannt gëtt. A véiertens: D'Entreprise muss de Beweis féieren, dass se e Lokal zur Verfügung huet fir hir Aktivitéiten, dee getrennt ass vun hirer eegener Wunneng.